



Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Den Här Gira, wann ech gelift.

► **M. Camille Gira** (*déi gréng*), *auteur.*- Merci, Här President. Ech mengen, wann eng intern Reflexioun ugefaange ginn ass a scho bal fäerdeg ass, tant mieux. Wann de Minister awer d'accord ass, dass en extérieure Büro trotzdeem dat do nach eng Kéier analyséiert. Ech fannen et ëmmer wichteg, wann eng Verwaltung soll reforméiert ginn, dass een déi zwee Aspekter huet.

Et ass wichteg, dass vu banne gekuckt gëtt, och dass d'Mataarbechter kënne selwer hir Mee-nung soen, och selwer hir Visiounen fir eng Ver-waltung maachen. Mä et ass awer och wichteg, dass ee vu baussen dat Ganz duerchlicht.

Ech mengen, an deem Sënn hunn ech d'Gefill, dass déi Emännerungen do mat dem Fong vun deem, wat mir wollten, och den Här Berger, mengen ech, konform sinn. An deem Sënn wier ech op jidde Fall d'accord, dass mer d'Motioun mat deem do Wuertlaut kéinten unhuelen.

► **Une voix.**- Très bien!

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que le développement durable se fonde sur le concept d'une harmonisation plus étroite entre les intérêts écologiques, économiques et sociaux;

- considérant que la politique énergétique et la protection du climat sont les défis clés du développement durable;

- vu que l'Administration de l'Environnement est un des acteurs essentiels au niveau de l'intégration d'aspects environnementaux et durables au niveau économique et vu que la composition et la structure actuelle de l'administration, datant dans son fondement de l'an 1980, ne correspondent plus aux exigences d'une administration moderne et efficace;

- vu que l'administration ne dispose même pas d'une section «énergie et protection du climat»;

- sachant que toute administration moderne promouvant le développement durable devrait pouvoir offrir des informations poussées envers le grand public et les acteurs économiques et que ce défi ne peut pas suffisamment être relevé actuellement par l'administration;

- estimant qu'une structure réformée et une démarche plus active de l'administration est autant dans l'intérêt de la protection de l'environnement que de l'économie et que cette réforme se situe dans le contexte de la réforme administrative préconisée par le Gouvernement;

- estimant qu'une réforme est indispensable afin de permettre à l'administration non seulement un traitement plus efficace et rapide de dossiers mais en plus une information et consultation plus poussées autant du grand public que des milieux professionnels concernés;

- estimant qu'une réforme s'avère d'autre part nécessaire afin que l'administration puisse davantage pallier aux exigences de la politique au niveau européenne et les conséquences en décou-lant pour notre pays;

- vu que la réforme de l'administration a déjà été retenue dans les programmes gouvernementaux de 2004 et 2009;

- vu que ladite réforme a déjà fait l'objet d'un processus d'évaluations et de concertations internes à l'administration au cours des derniers mois et que dès lors, l'Administration de l'Environnement est sur le point de faire aboutir les travaux préparatoires afférents;

invite le Gouvernement

- à charger un bureau spécialisé avec l'organi-sation d'un audit afin d'évaluer les propositions élaborées par l'Administration de l'Environnement concernant sa réorganisation aussi bien du point de vue thématique que de l'organisation;

- à finaliser dans les meilleurs délais les travaux de réforme de l'Administration de l'Environnement;

- à doter l'Administration de l'Environnement des moyens financiers.

(s.) *M. Camille Gira, François Bausch, Eugène Berger, Henri Kox, Josée Lorsché.*

► **M. le Président.**- Okay. Merci dem Här Gira. D'Regierung ass also d'accord, déi Mo-tioun mat verschiddene Modifikatiounen unze-huelen, déi och op den Accord vum Auteur vun der Motioun falen.

Kënne mer dann iwwert déi ëmgeännert Mo-tioun ofstëmmen?

(Assentiment)

Ech ginn dervun aus, datt mer dat kënne mat engem Vote à main levée maachen.

Vote sur la motion 2 modifiée

Wien ass mat där ëmgeännerten Motioun d'ac-cord?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder wär déi Motioun à l'unanimité uge-holl.

Mir kommen dann elo zu eisem éischte Projet de loi vun haut, de Projet de loi 6141, eng Kon-ventioun iwwert d'Rechter vu behënnerte Leit. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Dall'Agnol, d'Madame Lorsché, den Här Kartheiser an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

5. 6141 - Projet de loi portant

1. approbation de la Convention relative aux droits des personnes handicapées, faite à New York, le 13 décembre 2006

2. approbation du Protocole facultatif à la Convention relative aux droits des personnes handicapées relatif au Comité des droits des per-sonnes handicapées, fait à New York, le 13 décembre 2006

3. désignation des mécanismes indé-pendants de promotion, de protec-tion et de suivi de l'application de la Convention relative aux droits des personnes handicapées

Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'UNO-Konventioun iwwert d'Rechter vun de behënnerte Matmënschen ass den 13. Dezem-ber 2006 zu New York ugeholl ginn. Lëtze-buerg huet déi Konventioun den 30. Mäerz 2007 ënnerschriwwen. De Gesetzesprojet, fir d'Konventioun ze approvëieren, ass de 25. Mee 2010 an der Chamber deponéiert ginn.

D'Familljekommissioun vun der Chamber huet sech zënter Oktober 2010 mat der Konven-tioun befaasst. Si huet d'Avise vun de Cham-bres professionnelles, dem Statsrot, dem Conseil national des personnes handicapées, dem Centre pour l'égalité de traitement an der Commission consultative des droits de l'Homme analyséiert a si huet opgrond vun deenen Avisen den Text vum Gesetzesprojet ofgeännert a komplettéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konventioun iwwert d'Rechter vun de behën-nerte Matbierger schaaft keng nei Grondrechter. Si rappeléiert d'Prinzipië vun deene beste-henden internationale Mënscherechter. Si rap-eléiert och déi verschidde Mënscherechter, allerdéngs ënnert dem besonnesche Bléckwénkel vun de Rechter vun de behënnerte Matmënschen. Do, wou d'Konventioun nei...

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, wann ech gelift, besonnesch attentif ze sinn, vu dass hei muss iwwersat ginn! An et ass e ganz wich-tege Projet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur.*- Jo, et ka jo dësen Ablack näischt méi Wichteges gi wéi déi hei Konventioun, géif ech mengen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur.*- Do, wou dës Konventioun nei Akzenter setzt; do, wou se wesentlech innovéiert, dat sinn d'Verpflichtungen, déi de Staten operluecht ginn, déi déi Konventioun ratifizéieren, fir déi Rechter, déi d'Konventioun am Bléckwénkel vun den Handicapéierte virgesäit, och anze-halen an ëmzesetzen.

Fir den Ëmsetzungsprozess ze garantéieren an ze begleeten, müssen op Verwaltungsniveau Kontaktplaze geschafe ginn a Koordinatiouns-plazen. Virun allem awer sinn d'State verpflich-t, onofhängeg Instanze mat enger Mission de promotion, de protection et de suivi d'applica-tion ze chargeéieren. Dat ass an dräi Sätz dat Wesentlecht scho bal.

Ech wëll awer op déi dräi Deeler méi genee nach agoen, ouni ze iwwerdreiwën, a versichen och, déi dräi Deeler e bësse méi genee ze ex-poséieren.

Fir d'Éischt de Rappel vun de Mënscherechter. An der Präambel vun der Konventioun gi siwen aner international Konventiounen zitéiert, déi zum Deel déiselwecht Rechter enthalen wéi

d'Konventioun, déi mer haut stëmmen. Aller-déngs ginn an der Konventioun iwwert d'Rech-ter vun den Handicapéierten nei Bestëmmunge formuléiert, fir am Bléckwénkel, wéi ech gesot hunn, vun den Handicapéierten d'Grondrech-ter och an hirem Intérêt ëmzesetzen. Zum Deel mat konkrete Moosnamen, déi ze huele si vun deene Staten, déi déi Konventioun ratifizéieren.

Doduerch, dass dës Konventioun op déi mënschlech Grondrechter baséiert an am Inté-rêt vun deene behënnerte Matbierger eng Uwendung vun deene Rechter ouni Diskrimina-tioun verlaangt, gëtt eng nei Basis geschafen, déi an Zukunft bei Moosnamen am Intérêt vun de behënnerte Matbierger net méi ignoréiert ka ginn.

D'Konventioun bleift duerfir och net bei ab-strakte Rechter stoen. Si formuléiert, wéi ech scho gesot hunn, bal an allen Artikele konkret Verpflichtungen, fir d'Staten dozou ze bréngen, am Intérêt vun den Handicapéierten nei Moos-namen ze huelen.

Ech ka ganz sécher net, well d'Zäit et net er-laabt a well dat och spéider eventuell an dem Aktiounsprogramm vun der Regierung zrëckge-holl soll ginn, op all déi Artikelen agoen. Ech erlabe mer awer, dräi Bestëmmungen erausze-gräifen aus där Konventioun. An ech hunn dräi Texter gewielt, déi mer politesch net esou bri-sant schéngen, déi a mengen Aen awer hir Wichtigkeet hunn an déi och bewiesen, wat ee ka maachen am Intérêt vun deene Behënner-ten. Dat sinn d'Artikelen 8, 9 an 19.

Den Artikel 8 ass intituléiert „Sensibilisation“. Dir Dammen an Dir Hären, wéi vill Préjugéen, wéi vill falsch Astellungen a falsch Meenungen, wéi vill Opposition gëtt et nach an eiser Ge-sellschaft vis-à-vis vun deene behënnerte Matmënschen?

Wéi vill Sensibilisatioun muss gemaach ginn, elo an an Zukunft, fir dass déi Préjugéen an déi Astellunge kënnen iwwerwonnen ginn? Fir dass déi Leit kënnen akzeptéiert ginn op eng positiv Aart a Weis, mat deene Capacitéiten, déi se hunn, mat deene Méiglechkeeten, déi se hunn an déi se eiser Gesellschaft kënne bidden?

Et ass also noutwendeg, sech positiv anzestellen an d'Leit dobaussen, d'Gesellschaft an deem Sënn och ze sensibiliséieren. Net méi an net manner verlaangt den Artikel 8.

An déi Sensibilisatioun geet, ech géif bal soen, vun der Spillschoul iwwert d'Aarbechtsplaz bis an d'Pensioun eran. Si muss also an alle Liewenslagen an op alle Plazen an der Gesell-schaft d'Leit fir déi do Aufgab sensibiliséieren.

Fir mech ass d'Sensibilisatioun, esou wéi se hei ugesprach ass, eng vun deene wesentleche Vir-aussetzungen, fir dass déi Konventioun voll a ganz zum Droe ka kommen.

Zweete Punkt, deen ech erausgräifen, ass d'Ac-cessibilitéit - Artikel 9. Wa mer den Ausdrock Accessibilitéit héieren, denke mer meeschtens un den Zougang zu den öffentleche Gebaier.

Ma, Dir Dammen an Dir Hären, Accessibilitéit an enger moderner Gesellschaft bedeit vill méi. Deen Ausdrock bedeit och den Zougang zu den Transportmëttelen, den Zougang zu den Informatiounsquellen, den Zougang zu de Kommunikatiounsmëttelen, den Zougang zu alle Servicier, déi allen anere Bierger zur Ver-fügung stinn. Den Zougang zu de kulturellen a sportlechen Aktivitéiten.

Dat bedeit, dass do och muss ëmgeduecht ginn an dass an deem dote Beräich - wann ech soe Kommunikatiounsmëttel - och nach mun-ches an d'Fuerschung muss gestach ginn, fir dass och déi Mëttele kënne geschafe ginn, déi den Zougang och fir déi Handicapéiert - ech denken do zum Beispill un dat, wat mer haut maache fir déi, déi net gutt héieren oder guer net héieren -, fir deenen och den Zougang zu ville vun deene kulturellen Aktivitéiten ze er-méiglechen.

Een drëtten Punkt, deen ech opgräifen, ass den Artikel 19: Autonomie et inclusion dans la so-ciété. Am Sënn vun der Gläichberechtigung missten déi behënnert Matbierger selwer ent-scheede kënnen, wou a wéi se an der Gesell-schaft wëlle liewen.

Dir Dammen an Dir Hären, meeschtens oder dacks scheitert dat scho bei der Wiel vun der Wunneng. Wéi vill nei Wunnenge ginn direkt esou geplangt, gebaut an ageriicht, dass och eng behënnert Persoun, ouni zousätzlech Käschten, an esou eng Wunneng kann anzéien?

Wéi vill Leit, déi haut an hirem Liewe behënnert ginn, mussen mat grouse Käschte Wunnengen ëmänneren, well se net méi konform sinn zu deem Handicap? Wann 100 nei Wunnenge ge-baut ginn an et ginn der zwou virgesi fir be-hënnert Matmënschen, dann ass d'Wiel vun deene Leit wesentlech ageschränkt an eng vun de Bedéngunge vun där Konventioun ass net erfëllt; dat heescht, déi fräi Entscheidung, wéi ee wëllt wunnen a wou e wëllt wunnen, ass

domat wesentlech par rapport zu anere Matmënschen ageschränkt an entsprécht net méi de Bestëmmunge vun dëser Konventioun.

Et gëllt also och do, ëmzedenken, ëmzedenken an och de Leit eng Dispositioun, déi e bëssen onschëlleg kléngt, déi awer wesentlech ass, matzehëllefen ëmzesetzen.

Et kéint een an der Diskussioun op aner Beräi-cher, déi vläicht méi sensibel ginn, agoen. Ech denken do un d'Éducatioun, wou mer gëschter d'Méiglechkeet haten, driwwer ze schwätzen. Ech denken un d'Aarbecht, un d'Ve de travail an nach vill aner Aktivitéiten.

Ech denken, dass mer, wann d'Regierung de Plan d'activité, dee se muss opgrond vun dëser Konventioun zesummestellen, fäerdeg huet, d'Geleehheet kréien, eenzel an déi Beräicher kënne mat ze diskutéieren an och ze gesinn, wat fir Mesuren dass fir d'Zukunft muss geholl ginn.

Well, Dir Dammen an Dir Hären, d'Konventioun gesäit vir fir d'Ëmsetzen, dass och esou ee Pro-gramm muss hiergestallt ginn. An ech mengen, wann ech hei „Regierung“ soen, da sinn dat quasiment all Ministèren a Verwaltungen, déi un esou engem Aktiounsprogramm mussen ma-thëllefen. Et muss de Point gemaach ginn, wat scho besteet. Et mussen Annerunge virgesi ginn. Et muss virun allem nei Moosnamen ugedeit gi fir d'Zukunft, déi geholl ginn opgrond vun de Bestëmmunge vun dëser Konventioun.

An ech erënnere drun, dass, wann dee Plan d'action opgestallt gëtt, dann ass virgesinn an der Konventioun, dass och déi behënnert Mat-bierger an hir Associatiounen bei der Ausaar-bechtung mussen bedeelegt ginn.

Dat bréngt mech, Dir Dammen an Dir Hären, well ech mech wollt kuerzfaassen, schonn zu mengem leschte Punkt vun dem mëndleche Rapport. Dat ass d'Uwendung vum Artikel 33 vun der Konventioun, dee virgesäit, dass - wéi ech dat scho gesot hunn - op allen Niveauen Kontaktplaze mussen geschafe ginn, déi zou-stänneg si fir d'Ëmsetze vun der Konventioun an deenen eenzelne Ministèren a Verwaltun-gen. An derniewent muss och een Dispositif de coordination geschafe ginn.

Besonnesch wichteg ass awer d'Schafung vun onofhängegen Instanzen oder Mechanismen, déi nom Artikel 33 de Suivi maache vun der Uwendung vun der Konventioun. Et ass och deen Artikel, mat deem d'Familljekommissioun sech méi laang beschäftegt huet.

D'Regierung hat virgesinn, déi d'Commission consultative des droits de l'Homme mat där Missioun ze beoptragen. D'CCDH huet awer an hirem Avis vum 21. Oktober 2010 drop hige-wisen, dass se keng individuell Kloen, keng individuell Plaintë kéint entgéintheulen, well dat net an hirer legaler Missioun wär. D'Fa-milljekommissioun vun der Chamber huet do-roshin den Text ofgeännert.

Mir hunn déi Instanzen, déi d'Konventioun vir-gesäit, an den Text ageschriwwen, sou dass do keng Diskussioun iwwert déi juristesche Kompe-tenze ka méi Entstoen. Kompetent ginn, esou wéi den Text et virgesäit, d'Commission consul-tative des droits de l'Homme an de Centre pour l'égalité de traitement fir d'Promotioun an de Suivi d'application vun der Konventioun. Dat läit och an hire legalen Aufgabe mat dran. An d'Gesetzer iwwert déi zwou Instanze brauchen och an där Hisiicht net ofgeännert ze ginn.

Wou e Problem entstanen ass, dat ass d'Mission de protection, dat heescht d'Entgéintheule vu Kloen. An do huet d'Familljekommissioun ge-mengt, dass een domat de Médiateur kéint beoptragen, opgrond vum Gesetz vum 23. August 2003. Souwisou ass de Médiateur zou-stänneg fir all Problemer, déi deen eenzelne Bierger, och dee behënnerte Matbierger, mat enger öffentlecher Verwaltung huet. Dee Kom-petenzberäich gëtt also duerch dat hei Gesetz net erweidert, esou wéi de Conseil d'État dat och gewënscht huet.

Ech maachen nach drop opmierksam, dass opgrond vun der Konventioun d'Regierung no zwee Joer e Rapport muss maachen un de Comité bei der UNO, dee geschaf ginn ass, fir de Suivi ze maachen op internationalem Plang. An d'Regierung ass och gehalen, all véier Joer en zousätzleche Rapport ze maachen iwwert déi Aktivitéiten, déi se am Intérêt vun der Exekutioun vun der Konventioun geholl huet.

Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dat ass genuch vu Kontrollinstanzen, fir dass och ofgeséichert ass, dass déi Konventioun esou exekutéiert ka ginn, wéi dat och virgesinn ass.

D'Konventioun iwwert d'Rechter vun de be-hënnerte Matbierger huet fir déi concernéiert



Persounen eng enorm Bedeitung. D'Familljekommissioun war sech där Bedeitung bewosst. Si huet duerfir eestëmmeg den Text vum Gesetzesprojet ugeholl.

Well souverän Rechter ofgetruede ginn, muss dës Konventioun mat enger qualifizierter Majoritéit vu 40 Deputéierte gestëmmt ginn. Ech hoffen an ech wënschen, dass déi Majoritéit lagement erreecht ka ginn. Ech kann lech elo scho soen, dass ech den Accord vun der CSV ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers. Als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, et ass een net behënnert, mä et gëtt ee vun der Gesellschaft behënnert. Dat ass eng batter Feststellung fir vill Mënschen op der Welt. Mir hu ronn 50.000 Bierger zu Lëtzebuerg, déi mat engem Handicap liewen an déi och oft bei eis am Land mat dëser Realitéit konfrontéiert ginn. Dat ass esou, well eis Gesellschaft trotz ville gudden Absichtserklärungen nach ëmmer net inklusiv ass an net all néideg Effortë gemaach ginn, fir d'Mënsche mat engem Handicap optimal ze integréieren.

Wa mer eis als Chamber kritesch ënnert d'Lupp huelen, musse mer feststellen, datt och hei am héijen Haus an deem Sënn Defiziter bestinn. Den Accès fir Behënnerter an eise Sitzungssall oder och op eis Zuschauertribün ass net optimal - fir net méi ze soen.

Ech freeë mech, datt haut de Mëtteg eng Rei behënnert Matbierger uewen op der Tribün sinn. Ech bedauern awer, datt si net optimal do kënnen setzen a wierklech d'Débat an hirer voller Breet kënnen suivéieren.

Fir daf Matbierger hu mer keng systematesch Iwwersetzung prett. Haut ass dat ausnahmsweis de Fall. A muer ass dat dann erëm vergiess. A Frankräich zum Beispill ginn d'Sitzunge vun der Assemblée systematesch a Gebärdesprooch iwwersat. Do kann ech nëmme soen: exemple à suivre!

Et gëtt verschidde Beräicher, wou weiderhin Defiziter bestinn. Ech wäert herno nach dorobber zrëckkommen. Et ass also méi wéi noutwendeg, datt mer endlech d'UNO-Konventioun fir d'Rechter vun den handicapéierte Matmënschen stëmmen.

Mat dësem Gesetz, mat der Ëmsetzung vun dëser Konventioun kënnst e Paradigmewissel op d'Politik an d'Gesellschaft duer. Bis elo ass d'Gesellschaft gäre mat den Handicapéierten esou ëmgaang, wéi wa se speziell Objekte wieren, déi ee misst versueren. An deem Sënn kann een och verschidde Gesetzter aus der Vergaangenheet interpretéieren, déi mer hei zu Lëtzebuerg gestëmmt haten.

Mä d'UNO-Konvention stellt elo kloer, datt déi handicapéiert Matbierger endlech ënnert dem Bléckwénkel vun de Mëscherechter musse considéiert ginn. Si si keng speziell Wiesen, déi Sonderrechter brauchen. Si si Mënschen, Matmënschen, déi mussen dëselwecht Rechter erhalen wéi all déi aner Mënschen och.

Ech mengen, duerfir ass haut ee ganz wichtigen Dag fir déi ronn 50.000 Mënsche mat Behënnerung zu Lëtzebuerg, well se an de Genoss komme vun deem, wat all Mënsch eigentlech zousteet: nämlech net méi an net manner wéi déi universell Mëscherechter.

D'DP wäert duerfir dës Konventioun zoustëmmen. Net zulescht och, well fir eis d'Gläichbehandlung an d'Integratioun vun de behënnerte Matmënschen ëmmer en Uleies an eng Iwwerzeegung waren an och bleiwen.

Här President, e Gesetz, eng UNO-Konventioun stëmmen ass eng Saach, se da konsequent an d'Praxis ëmsetzen, ass eng aner Saach. Dës Aufgab ass elo eng grouss Erausforderung un d'Politik, un d'Gesellschaft an och un d'Regierung.

Duerfir gesäit d'Konventioun am Artikel 33 och vir, datt national an onofhängeg Gremie geschafe ginn, déi solle Kontaktstell sinn, déi de Suivi maache vum Gesetz respektiv der Konventioun an och déi noutwendeg Promotioun favoriséieren.

Dat war e Punkt, dee mer méi intensiv mat dem Conseil d'État diskutéiert hunn. Schlussendlech ass den Accord fonnt ginn, datt de Conseil consultatif (veuillez lire: d'Commis-

sion consultative) des droits de l'Homme - CCDH - an de Centre pour l'égalité de traitement dës Aufgabe sollen iwwerhuelen. Dat si Gremien, déi souwuel Lienë mat der UNO hunn op där enger Säit, respektiv op där anerer Säit och Erfahrung hu mat de Suerge vun de behënnerte Matmënschen. An d'DP kann dësen Dispositiounen, dësem Accord, dee mer do fonnt hunn, och nëmmen zoustëmmen.

Datselwecht gëllt och fir d'Missioun vun der Protektioun, déi dem Médiateur iwwerdroe gouf. Den Ombudsmann gëtt also zoustänneg fir Reklamatiounen oder individuell Plaintë vu behënnerte Mënschen. Mä e kleng Bémol a mengen Aen ass: Dëst beschränkt sech awer op Problemer, déi déi behënnert Matmënsche mat Verwaltungen an öffentleche Stelle kënnen hunn, awer net doriwwer eraus.

Här President, dëst Gesetz gëtt gestëmmt. Déi verschidde Kontroll- a Promotiounsorganer sinn designéiert. Mä domat dierf een awer net unhuelen, datt elo a puncto Integratioun a Mëscherechter vu behënnerte Matbierger alles an der Rei wier hei zu Lëtzebuerg. Loin de là!

Mir musse kucken, eis deeglech Praxis an och verschidde Gesetzter wahrscheinlech un d'Konditioun vun den UNO-Texter unzepassen. Dat ass net esou einfach a sécherlech och eng Ur-saach, firwat d'Chamber eng relativ laang Zäit dach gebraucht huet, bis datt se elo endlech dann dës Konventioun hei an der Chamber guttheescht. An et gëtt eng Rei Beräicher, wou weiderhin - géif ech soen - Handlungsbedarf besteet. Ee Beräich zum Beispill, wou nach eppes ze verbesseren ass, betrëfft den Zougang zu de Gebaier, den öffentlechen, an deenen anere Gebaier, de Wunnengen.

Beim Stat, dee mam gudden Beispill soll virgoen, ass dat och nach laang net ëmmer de Fall. Vir-druck hat ech jo scho kuerz eise Plenum hei als Beispill genannt. Och d'Associatioun „Nëmme mat eis“ weist ëmmer erëm op dës Problematik hin, obwuel mer och hei als Chamber schonn 2001 Gesetzter gestëmmt hunn, déi eigentlech deem missten entgéintkommen an déi eigentlech all déi Barrière missten ofbauen.

Datselwecht gëllt och fir d'Mobilitéit an den öffentlechen Transport. Och do si weiderhin eng Rei Defiziter ze vermieren. Net all Bus, net all Verbindung kann zum Beispill vun engem Behënnerter an engem Rollstull liicht benotzt ginn. Heiansdo geet dat guer net.

Et gëtt awer och positiv Beispiller. Wéi zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg. Ech wëilt dat och duerfir ervirhiewen. D'Stad setzt speziell Gefierer, Trajeten an, fir zum Beispill de Behënnerter ze erlaben, op Manifestatiounen, sief dat Museksconcerten oder op d'Feieren zum Nationalfeierdag, ze kommen. An et ass och wichtig, datt se dann herno gutt placéiert sinn, datt se gutt setzen, fir datt déi Leit zum Beispill bei engem Rockconcert oder bei aner Manifestatiounen dat kënnen och anstänneg ver-folgen, nokucken, datt se net zum Beispill tëschent de Bee vun deenen aneren do mussen erduerchkucken oder guer näischt gesinn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).** - En anere Problem, deen oft vun de Betraffenen opgeworf gëtt, dee besonnesch dafstomm Matmënschen hunn, ass deen, fir kënnen öffentlech Debatten oder Konferenzen oder Versammlungen ze suivéieren. Dat ass jo awer och e Grondrecht, fir kënnen herno um demokrateschen Débat, um Liewen, um demokratesche Liewe voll ze participéieren. Normalerweis kéint eng Iwwersetzung an d'Gebärdesprooch hei einfach Hëllef ubidden.

D'Schwieregkeet ass déi, datt mer awer zu Lëtzebuerg praktesch keng Iwwersetzer hunn, egal vu wat fir enger Sprooch - Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch -, op d'Gebärdesprooch. Et ginn och kaum Formatiounen ugebuede fir Leit, déi dat kéinte maachen. Och hei ass d'Regierung gefuerdert, fir do praktesch a schnell Solutiounen ze fannen.

Och hei wëilt ech awer dat gutt Beispill vun der Stad Lëtzebuerg zitieren. An do ka vläicht d'Regierung sech dann inspiréieren. D'Stad Lëtzebuerg bitt an Zesummenaarbecht mat der Associatioun Daaflux, vun där jo och Mem-bere, ech mengen zwee Memberen op der Tribün haut sinn, bitt mat deenen also Coursen u fir d'Leit, wou se an Owescoursë kënnen goen an esou och d'Gebärdesprooch kënnen léieren. Ech fannen dat eng ganz flott Initiativ.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - An d'Regierung bezitt se, Här Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Wat gelift?

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - An d'Regierung bezitt se.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Voilà. Ech mengen, dat heescht also...

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Schéin Tripartite.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Gutt. Dat ass also... Här President, dat ass also eng...

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Déi Persounen, déi do sinn, déi vun Daaflux zur Verfügung stinn, ginn déi vun der Gemeng Lëtzebuerg bezuelt, Här Bettel?

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Mir hu jo eng Konventioun.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Neen, d'Coursen hëllef Dir bezuelen. An d'Leit bezuele mir.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Mir hunn eng Konventioun do zesummen, Madame Minister.

(Interruption)

► **M. le Président.** - Ech mengen, hei gëtt elo keng Diskussioun gefouert tëschent der Regierung an der Stad Lëtzebuerg. Et ass ganz eleng den Här Berger, deen elo d'Wuert huet.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Einfach nëmmen, fir ze soen, ech mengen, dat si gutt Beispiller. A wann d'Regierung déi also wëllt ënnerstëtzen, dann ënnerstëtzen ech och d'Regierung, datt se nach vill méi där Saachen do mécht. Mä datt d'Regierung awer och soll kucken, datt se um nationale Plang eng Rei där Iwwersetzer kéint forméieren, datt déi kéinten op ville Plazen, datt mer och regelméisseg eis Réunionen zum Beispill hei an der Chamber kéinten iwwersetze loosse.

E leschte Beräich, deen ech wëilt uschwätzen, ass dee vun der Éducation. Dat ass fir mech ee vun deene sensibelsten, een, wou eng Regierung besonnesch dru gemooss gëtt, wéi se et mat dem Respekt vun de Mëscherechter fir Behënnerter hält.

D'Zil muss et jo sinn, fir ze versichen, esou vill wéi méiglech Kanner a jonk Mënsche mat Handicap an eis regulär Schoulen ze integréieren, souwuel an d'Grondschoul wéi och an de Secondeaire. An do kann een der Regierung - fir am neie Schouljargon ze bleiwen - net gutt-schreiven, datt se de Kompetenzsockel erreecht hätt.

Éischer muss een a leschter Zäit leider d'Tendenz feststellen, fir d'Kanner a Jonker mat Behënnerungen aus der Regelschoul erauszehuelen, ze sortéieren - géif ech soen. Ëmmer méi Schüler mat Schwiereregkeeten oder Handicap ginn aus der Grondschoul eraus an d'Édiff gesat. Do besteet dann och guer keng Chance, datt déi Kanner spéider am Secondeaire eventuell zrëck an d'Regelschoul kéinte kommen. Mir fannen dat eng schlecht Saach. D'DP ass net domadder d'accord.

Souguer an deem Projet, wat jo e Pilotprojet ass, dee sech dat besonnesch zum Zil gesat hat, d'Inclusioun, an deem Projet „Eis Schoul“ komme Leit aus der Édiff, fir sech mat deene jonke Mënsche mat Handicap carrément separat ze beschäftegen, déi also och emol net méi do an der Klass ze integréieren oder mat ze implizéieren.

Ech ginn elo net am Detail op all diesbezüglich Problemer am Beräich Schoul an. Mä mir kruten an der Kommissioun, wou mer och eng A.s.b.l., „Elteren a Pedagogien fir Integratioun“, empfaang haten, déi all Dag mat dëser Realitéit konfrontéiert gëtt, kee schéinen Tableau vun der Situatioun gemoolt. D'Schoulcarrière vu behënnerte Kanner, déi direkt an d'Édiff ofgewise ginn, ass virgezeechent, a méi schlëmm nach: Si kréien all Chance verbaut, fir sech kënnen an d'Gesellschaft ze integréieren.

Dat ass contraire zu der Iddi vun der Inclusioun, déi mer an d'Grondschulgesetz ageschriwwen hunn. Dat ass contraire zu der Konventioun, déi mer haut stëmmen. Dat ass och contraire zu de Mëscherechter vun de behënnerte Matmënschen.

Mir haten awer als Chamber d'Geleeënheet, fir beim Gesetz iwwert d'Grondschoul 2009 nei Akzenter ze setzen. Mir hätten deemools kënnen d'Édiff mat reforméieren an ze enger Partie intégrante vun der neier Grondschoul maachen. D'Regierung wollt dat deemools awer net maachen, gradesou och nach ëmmer keng Reform vun der Édiff an Ugrëff huelen.

Fir mech ass kloer, datt mer am Beräich Éducation net der UNO-Konventioun gerecht ginn an datt mer do an deenen nächste Joren, wa mer déi éischt Rapporte wäerten ofliwweren, och nach zurechtgewise ginn.

Duerfir also den Opruff un d'Regierung, hei schnellstens eng Kursännerung virzehuelen an d'Schoul esou ze gestalten, datt si hirem Op-trag vun der Inclusioun vun de behënnerte Kanner ka gerecht ginn.

Här President, ofschléissend wëilt ech dem Rapporteur, dem Här Paul-Henri Meyers, Merci soe fir säin exzellenten a pertinente Bericht. Ech

bréngen och den Accord vu menger Fraktioun zu dëser ganz wichteger UNO-Konventioun an.

Heimat kréien endlech déi behënnert Matbierger déi fundamental Rechter zouerkannt, déi all Mënsch brauch, fir kënnen an Dignitéit ze liewen a sech kënnen ze entfalten an e vollwäertge Bierger an der Gesellschaft ze ginn. Mä et geet awer net duer, datt mer als Chamber eng Konventioun stëmmen a mengen, domat eist Gewësse berouegt ze hunn.

Dat Schwierest ass, dëst Gesetz mat Liewen ze fëllen an de behënnerte Mënschen ze erméiglechen, an alle Beräicher déi Rechter wouer-zehuelen. An do ass wéi gesot d'Regierung weiderhi gefuerdert, insbesonnesch am Beräich vun der Éducation. Dorunner wäerte mir se an deenen nächste Joren och moossen, wéi se et mat dem Respekt vun de Mëscherechter vun de behënnerte Matmënschen hält.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Eugène Berger. Als nächst Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol agedroen. D'Madame Dall'Agnol kritt d'Wuert.

Ech maachen lech drop opmierksam, datt mer duerno eng kleng Paus maachen, fir der Traductrice och d'Méiglechkeet ze ginn, e bëssen ze raschten.

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President, fir d'lescht Wuert ze hu virun der Paus.

Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen alleguerten, wat ass eigentlech normal? An, ass et normal, anescht ze sinn? Mir sinn an Zäiten, wou d'Medien eigentlech bal nëmmen nach de perfekte Mënsch an d'Fenster stellen a wou Fraen an och Männer ëmmer méi duerno striewen, selwer perfekt ze ginn. An dat mécht et eben net méi einfach fir Mënschen, déi deem Bild ebe just net kënnen entsprechen, well se eng Behënnerung hunn.

A well déi sougenannten - tëschent Gänseféisercher natierlech - „normal Mënschen“ net dacks mat Behënnerter a Kontakt kommen, besteet dacks eng Hemmschwell, d'Angscht virum Friemen, well Behënnerter an Netbehënnerter am Alldag, an der Schoul - dat gouf och schonns gesot - an op der Aarbecht och nach ëmmer vill ze vill vunenee getrennt ginn.

Mat der Ratifikatioun vun der Mëscherechtskonventioun fir Leit mat enger Behënnerung schafe mer keng nei Rechter, mä déi existéierend an universell Mëscherechter, déi sollen och fir Leit mat enger Behënnerung vun elo u garantéiert ginn. De Stat also muss derfir surgen, datt d'Konditiounen geschaf ginn, fir datt déi behënnert Mënschen hir Rechter genesous kënnen an Usproch huelen an ausübe wéi all aner Persoun och. Dat ass den Objet vun dëser Konventioun. An op deem Niveau bleiwen dann och hei zu Lëtzebuerg, an dat gouf och vun de Virriedner scho richtig bemierkt, nach eng Rei Saachen ze maachen.

Eng Abezéiung vun de behënnerte Leit an hiren Organisatiounen gëtt an alle Phase vun der Ëmsetzung an och an der Iwwerwaachung vun dëser Konventioun virgeschriwwen. An dat ass, eiser Meinung no, och ganz gutt esou. Well och hei zu Lëtzebuerg gëtt et eng Kuerbelbootsch vun Organisatiounen, déi sécherlech all eng gutt a virun allem och eng néideg Aarbecht um Terrain maachen. Et gëllt allerdëngs, all déi Servicer, déi vill Servicer, déi et gëtt, besser mateneen ze vernetzen an och virun allem se no bausse nach vill méi bekannt ze maachen.

Déi international UNO-Konventioun, déi ass méi wéi néideg gewiescht, och fir eist Land, well och bei eis ginn et nach vill Saachen ze verbesseren. Fir nëmmen e puer Problemfelder unzeschwätzen, wou behënnert Mënschen net dëselwecht Rechter hunn, jiddefalls net an der Praxis: Dat ass de Fall an der Éducation, wou zwar vill vun Inclusioun an och Integratioun Rieds geet, mä wat an der Praxis awer dacks net geschitt, well d'Moyenen net do sinn, d'Moyenen net duerginn, well d'Plazen net adaptéiert sinn, well d'Schoulpersonal net wëllt oder net capabel ass, behënnert Schüler a seng Klassen ze integréieren.

Dann awer och am Beräich vun der Aarbecht kommen d'Rechter vu behënnerte Mënschen net genuch zum Droen. Dat huet sécherlech mat ville Facteuren ze dinn. Och erëm eng Kéier de Problem vun der Éducation an der Formatioun spillt do mat, natierlech och de Problem vum héije Chômage an natierlech vum groussen Druck um Aarbechtsmarché.

Mä weder am öffentlechen nach am private Beräich ginn zum Beispill déi gesetzlech virgeschriwwen Quote fir d'Travailleur handicapés erfüllt. Et soll och net nëmmen esou sinn, datt déi Quot erfüllt gëtt, datt heescht, datt een eng behënnert Persoun astellt als Alibi an datt se dann dosetzt näischt ze maachen. Mä fir



d'Éischt a virun allem soll emol gekuckt ginn, deene Leit eng sënnvoll Aarbecht ze ginn, déi och hire Capacitéiten entsprécht.

Da bleift awer och, an dat gouf och scho kuerz ugeschnidden, e Problem wat d'Accessibilitéit vun de Lieuen ubelaangt. Et muss ee sech eng Kéier ziele loosse, wat fir e Spieëlbrutelaaf et ass fir eng Persoun an engem Rollstull, wa se stënterlech zum Beispill op d'Toilette muss. Dëst a vill aner Situatiounen, déi fir net behënnert Leit eigentlech am Alldag ganz normal sinn, kee Problem duerstellen, déi kënnen fir eng behënnert Persoun eng richteg Épreuve ginn!

A wa mer vun Accessibilitéit schwätzen, da muss awer och dovun geschwat ginn, wat geschitt, wann e Lieu muss evakuéiert ginn. Stellt lech vir, et brennt, an dat Haus, d'Chamber zum Beispill, dat ass och nach mat engem Lift équipéiert, an am Fall vun engem Brand dierf een dee Lift awer net huelen. Ech wëll mer guer net ausmolen, wat an esou Situatiounen kéint geschéien!

Problemer gëtt et och beim Zougank zu den Informatiounen, och bei eis an der Chamber. An d'Organisatioun „Nëmme mat eis“, déi huet mat Recht drop higewisen, datt dat, wat mer bei der Entrevue mat hinnen an der Chamberskommissioun zur Dispositioun gestallt hunn, eigentlech misst ee Standard sinn. Dat heescht, datt d'Débat an d'Emissiounen hei an der Chamber, op Chamber TV, missten a Gebärdesprooch iwwersat ginn oder awer och mat Ennertiteln ausgestrahlt ginn. Ech weess, dat ass net ëmmer esou einfach - mir gesinn dat haut -, mä dat ass awer och vläicht net esou einfach, well et einfach nach net zum Standard gehéiert.

Da gëtt et natierlech nach ganz aner Problemer, wéi zum Beispill d'Recht vum Behënnerten op e selbstbestëmmt Liewen, hiert Recht op Famill oder och hiert Recht op Sexualitéit.

Här President, Madame Minister, Mënsche mat Behënnerung sinn awer och weltwäit massive Mëscherechtsverletzungen ausgesat. Dës Tatsaach, déi gouf duerch de Rapport vun UNO-Sonderrapporteur Leandro Despouys schonn 1993 däitlech. De Rapporteur zielt do eng ganz Rei Mëscherechtsverletzungen op, déi zum Alldag vu behënnerter Mënsche weltwäit gehéieren.

E schwätzt zum Beispill vum Verbuet sech ze bestueden oder Kanner ze kréien. E schwätzt vum Zwangssterilisatioun, sexueller Gewalt, enger Zwangsennerbréngung am Heim, kee Wahlrecht hunn, datt behënnerter Kanner gezwonge ginn, an eng Spezialschoul ze goen, an och dovun, datt vill Transportmëttelen an och Wunnengen net géeege sinn, fir deene spezielle Bedierfnisser vu behënnerter Leit Rechnung ze droen.

Trotz dësem Rapport, deen, wéi ech sot, vun 1993 ass, war et e wäite Wee bis et iwwerhaupt emol zu Verhandlungen iwwer eng Behënnerterrechtskonvention koom. Elo gëtt et se awer, a mir ratifizéiere se haut, an ech hoffen, dat natierlech mat engem unanimë Vote herno.

Déi Konventioun stëmmen, och wann et unanime ass, dat eleng geet awer net duer, well mir mussen déi Konventioun mat Liewe fëllen. Inspiréiere kënnen mer eis do zum Beispill och bei eisen däitschen Noperen, déi schonn am Fréijoer 2008 eng Campagne lancéiert hate mam Titel „All inclusive“. Dës Campagne huet als Ziler, datt soll gekuckt ginn, wou eben nach Handlungsbedarf um legislative Plang besteet. Mä natierlech och, fir duerch eng gutt Presse an och Öffentlechkeetsaarbecht d'Inhalter vun der Konventioun no bausse méi bekannt ze maachen.

De Statsrot huet gemengt, et sollt ee sech eng prezis Agenda ginn, fir d'Obligatiounen, déi sech elo aus dëser Konventioun erginn, ze identifizéieren. Mir mengen, datt dat zesumme mam geplangten Aktiounsplang soll realiséiert ginn. Ech huelen un, datt d'Madame Minister herno nach wäert op deen Aktiounsplang am Detail agoen an eis vläicht och ka soen, wéi wäit mer sinn. Well aus deem Plang soll, eiser Meenung no, den Input kommen, fir op legislativer Basis, mä och a virun allem an der Praxis hei zu Lëtzebuerg emol op de leschte Stand ze kommen, wat d'Thema Behënnerung ubelaangt.

Et muss an et soll ganz kloer erausgeschiet ginn, wou d'Defiziter hei zu Lëtzebuerg sinn, an och gekuckt ginn, wat kuerz-, mëttel-, mä awer och laangfristeg als Ziler soll festgeluecht ginn. Pabeier, dat wësse mer alleguerten, Pabeier ass gedëlleg, a wann deem Vote vun haut näischt nokënn, wéi zum Beispill eng Bestandsopnahm, wat et gëtt a wat et nach ëmzesetze gëtt, dann hu mer konkret eigentlech näischt geschafft!

An engem Communiqué huet déi nei gegrënnte Behënnertenorganisatioun „Nëmme mat eis“ sech beklot, datt d'Virauswahl vun den Themen, déi an enger éischter Phas fir d'Op-

stelle vum Aktiounsplang diskutéiert ginn, sech op Beräicher beschränken, wou Konzepter scho virleien, an datt eng Rei méi waarm Eisen eben net géifen ugepaakt ginn.

Si zielen do zum Beispill d'Recht op Sexualitéit an op Partnerschaft a Famill op. Si bekloe sech och, datt net genuch Leit, déi vun enger Behënnerung betraff sinn - anscheinend nëmmen eng Persoun, an déi wier Employé am Familljeministère -, an deem sougenannten „Steering group“, dee vum Ministère gegrennt gouf, vertraue sinn. Si hunn duerfir eng Wonschlecht zesummedroen, a vläicht kann d'Madame Minister herno och dorobber agoen an e Wuert driwwer verléieren, wéi se fir méi eng staark Participatioun vu Mënsche mat Behënnerung bei der Ausschaffung vun deem Aktiounsplang wëllt suergen.

Et wier doriwwer eraus, wéi gesot, och interessant ze wëssen oder e puer méi Informatiounen ze kréien, wou mer mam Aktiounsplang dru sinn, a vläicht och méi regelméisseg d'Chamber oder d'Chamberskommissioun driwwer ze informéieren, wéi d'Aarbechte lafen. Virun allem och, well an engem Presseartikel am „Lëtzebuerger Land“ am Oktober d'lescht Joer schonns op d'Doléancé vun deene Betraffenen higewise gouf!

Mir sollen dës Kéier och net mengen, datt mer einfach laanscht Konkretes kéimen, well eng UNO-Konventioun, déi huet eng grouss Auswierkung, well se ebe vun esou ville Länner ratifizéiert gëtt. A wann d'Experte bis dee Rapport kréien, dee mer musse maachen, a se da gesinn, datt et net virueet oder datt näischt geschitt ass, da gräife se op déi sougenannten „mobilisation of shame“ zréck.

Dat heescht, se weise mam Fanger op dee Stat, dee senger Flichten, déi aus där Konventioun entstanen sinn, net nokënn. D'UNO huet mat dëser sougenannter „mobilisation of shame“ schonn eng ganz gutt Erfahrung gemaach. An ech hoffen natierlech, wa mir mussen eisen éischte Rapport no zwee Joer maachen, datt mer eis net mussen an den Eck stellen, well mam Fanger op eis gewise gëtt!

Dat Gesetz, wat mer haut also stëmmen, ass bei eisen däitschen Noperen schonn zënter Enn Mäerz 2009 a Kraaft an et goufen, genau wéi eben och hei zu Lëtzebuerg, vun deene Betraffene vill Erwaardungen dragesat. Well ëmmer erëm, wann et ëm den Handicap geet, da gëtt vill versprochen an da gëtt ganz dacks gesot, datt elo awer endlech dee vill versprochene Paradigmewissel stattfënnt, an dacks bleift et dann awer bei de Lëppebekenntnisse. Firwat? Majo, et si keng Sanktiounen virgesinn!

Däitschland muss dann elo scho säin éischte Rapport maachen, deen no zwee Joer virgesinn ass an un d'UNO erageet. An da kouden natierlech no zwee Joer och déi éischt Kritike vu betraffenen Elteren eran, déi soen, datt deen Aktiounsplang, deen ugekënnegt war, och zwee Joer nom Stëmmen vum Gesetz eben nach ëmmer net steet, an datt Däitschland domat senger völkerrechtleche Verplichtungen net nokënn, well se et ëmmer nach net fäerdeg bruecht hunn, behënnerter Kanner an deen normale Schoulunterricht ze integréieren.

Och hei zu Lëtzebuerg gëtt et - an ech mengen, dat hu mer gëschter Mëtteg hei an deem Haus en long et en large kënnen diskutéieren - am Domän vun der Educatioun nach Problemer. An ech maachen da just haut kuerz nach eng Kéier drop opmierksam, datt mer, wa mer net wëllen deenen nämlechte Kritiken ausgesat ginn an zwee Joer wéi dat elo eis däitsch Nopere sinn, onbedéngt am Schoulwieschen nach méi, a virun allem vläicht och nach musse méi schnell reagéieren.

Ech sot am Ufank vu menger Interventioun haut, datt d'Bild vum behënnerter Mësch ganz dacks e falscht ass, well behënnerter Leit net an deem Mooss um soziale Liewen deelhuele wéi et ze wënsche wier. An der Schoul, do wou d'Kanner also nach kleng sinn a wou sech hiert Weltbild eigentlech nach formt, wier dann dee richteg Moment, fir unzesetzen. An den Artikel 24, an deem et ëm d'Educatioun geet, dee weist jo och de Wee, wou et misst higoen.

D'Europäesch Kommissioun huet och Enn d'lescht Joer eng Kommunikatioun zum Thema Handicap erausginn. Do geet ganz kloer aus de Chifferen ervir, datt den Taux de pauvreté vu behënnerter Leit 70% méi héich ass wéi dee vun der Moyenne. Firwat? Ma well den Accès op den Aarbechtsmarché limitéiert ass a well d'Ausbildung dacks net dat hiergëtt, wat se kéint hierginn. Duerfir verflucht och d'EU-Kommissioun sech, fir behënnerter Kanner an deen normale Système éducatif ze integréieren a se dobäi och individuell ze ënnerstëtzen.

Wa mer scho vu Chifferen schwätzen, dann ass et och wichteg ze wëssen, datt an der EU ëmmerhin 80 Milliounen Leit vun engem Handicap betraff sinn. Een Drëttel vun hinnen huet iwwer 75 Joer, a wat d'Populatioun méi al gëtt, wat

dee Chiffer vu betraffene Leit sécherlech nach wäert zouhuelen, wéi d'Europäesch Kommissioun dat och ganz richtig an hirer Kommunikatioun vum leschte Joer bemierkt huet.

Et soll eis heibannen och alleguerte kloer sinn, datt jiddweree vun eis muer, duerch den Alter oder awer och duerch en Accident oder eng Krankheet, selwer ka betraff sinn!

Déi meescht Verpflichtungen an der Konventioun, déi riichte sech jo un de Stat. Dat heescht, datt kee perséinlechen Usproch op eng Moosnam besteet, mä datt de Stat fir d'Ëmsetzung vun de Rechter suerge muss. Zum Beispill doduerch, datt ee bestoend Gesetz oder ebe Virschreften ëmgeännert ginn. Hei kommen ech dann nach eemol op déi Bestandsopnahm zréck, well ouni déi sécherlech näischt ze maachen ass.

Ech wëllt och nach eemol hei iwwert d'Chifferen an d'Statistike schwätzen, där et der och am Domän vum Handicap, wéi a villen aneren Domänen hei zu Lëtzebuerg, leider net genuch gëtt. Och dëst huet d'EU-Kommissioun an hirem Pabeier betount a se wëllt deem ophëlfen. Den Drock ass also do, och fir eist Land, an ech zitieren elo emol aus deem Pabeier: «L'Union soutiendra et complètera l'action des États membres destinée à collecter des statistiques et des données sur les entraves auxquelles se heurtent les personnes handicapées dans l'exercice de leurs droits.» Enn vum Zitat.

Mir hunn eis an der Familljekommissioun iwwert dës Konventioun och mam Médiateur ënnerhale gehat, dee selwer och ganz richtig sot, datt dëst Gesetz, wat mer haut stëmmen, steet a fällt mat de Moyenen, déi zur Verfügung gestallt wäerte ginn. Mir hunn eis laang driwwer ënnerhalen, wien a firwat grad dee soll kontrolléieren, datt dës Konventioun och a Musek ëmgesat gëtt. Mir hunn och laang driwwer diskutéiert, u wien déi Betraffe sech solle wenden, wa se sech diskriminéiert fillen. Ech ginn elo net méi am Detail dorop an, de Rapporteur huet dat schonn zum Deel gemaach.

Ech wëllt awer de Statsrot ënnerstëtzen, wann e seet, an ech zitieren: datt et „hautement indiqué“ wier, déi verschidden zoustänneg Organer op de Métier ze huelen an ze kucken, wie firwat zoustänneg ass, ier et zu engem Kompetenzgerangel bei iergendengem Problem, onofhängeg elo emol vun deem Gesetz, wat mer haut stëmmen, kéint kommen. Et gëtt sécherlech Iwwerschneidungen, déi net gutt sinn an déi sécherlech och an esou engem klengen Land wéi Lëtzebuerg iwwerhaupt net néideg wieren.

Allgemeng hu mer jo hei zu Lëtzebuerg d'Tendenz, ëmmer nei Gremien ze grënnen, wou et dann dacks awer e Kramp ass, fir déi néideg Leit zesummenzëckléien, fir déi Gremien, virun allem kompetent, ze besetzen. Et gëllt sech also ze iwwerleeden, eventuell Kompetenzen ze bündelen an dann och déi Gremie besser ze habilitéieren, fir hir Aarbecht kënnen ze maachen, fir dat no beschtem Wëssen a Gewësse kënnen ze maachen, finanziell, mä och personell.

Well ëmmer erëm kënn, wa mer an der Chamberskommissioun déi eenzel Gremien empfänken, de Problem zur Sprooch, datt eigentlech néierens genuch Personal do ass, an datt dacks Leit bénévolé Aarbecht maachen, fir déi eigentlech en Universitaire néideg an och ze bezuele wier. Heiropber wollt ech nach eng Kéier opmierksam maachen, well mer eben hu misse vill driwwer diskutéieren, fir d'Zoustännegkeeten am Kader vun dëser Konventioun ze klären.

Ech hunn elo am Laf vu menger Interventioun dacks d'Beispill Däitschland ugefouert. Ech wollt e Land erauspicken, wat déi Konventioun scho ratifizéiert hätt, wat sech awer kulturell elo net allze vill vun eisem ënnerscheet. Natierlech gëtt et och an deenen anere Länner Good-Practice-Beispiller, a sécherlech hu mir Sozialisten och guer näischt dergéint, eis do ze inspiréieren, well d'Zil ass jo dat, datt dat Bescht-méiglech aus där Konventioun soll erausgeholl gi fir déi betraffe Leit.

Voilà, Madame Minister, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot ginn ech natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dëse Projet, net awer ouni dem Rapporteur e grouse Merci ze soen. De Rapporteur, deen ass bekannt dofir, datt e sech ëmmer vill Aarbecht mécht a ganz vill Méi gëtt, a bei dësem Projet war et wierklech ganz, ganz vill Aarbecht. An duerfir soen ech him och am Numm vun eiser ganzer Fraktioun villmools Merci an lech natierlech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Dall'Agnol. Mir maachen elo eng kleng Paus. D'Sitzung ass ënnerbrach.

(La séance est suspendue à 15.59 heures.)

* * *

(La séance est reprise à 16.09 heures.)

Discussion générale (suite)

Mir géifen erëm virufuere mat der Diskussioun. Als nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unze-fänken, e grouse Merci un de Rapporteur, den Här Paul-Henri Meyers, fir seng ausféierlech Erklärungen zum Projet de loi. En zweete Merci wëll ech awer och menger Fraktiounskollegin Viviane Loschetter ausdrécken. Nodeems si sech jorelaang op dëser Plaz fir d'Rechter fir d'Persounen mat spezifesch Besoinen agesat huet, huet si mir déi Dossieren, wéi ofgemaach, no menger Vereedegung vun der leschter Woch weidergereecht.

Mat der Konventioun iwwert d'Rechter vun de behënnerter Mënschen ass an de Vereenten Nationen e Meilestee geluecht ginn, dee Perspektiv fir d'Zukunft opmécht. „An der Vergaangenheet war et wichteg, datt jiddweree, deen anescht war, déiselwecht Rechter hat. An Zukunft ass et wichteg, datt jiddweree d'Recht huet, fir anescht ze sinn.“ Mat deene Wieder huet e südafrikanesche Friddensnobelpräsi-drier a kuerze Wieder d'Iddi ausgedréckt, ëm wat et haut geet.

An enger Gesellschaft, an där et keng Hinder-nisse gëtt, kann een d'Wuert „Behënnerung“ ofschafen. Dee Paradigmewissel gëtt vun der UNO-Konventioun vun 2006 hoffentlech och erreecht. Am Numm vun der grénger Fraktioun begrëssen ech dowéinst, grad wéi all meng Virriedner a meng Virriednerin, datt Lëtzebuerg déi Konventioun am Joer 2007 ratifizéiert huet an domat e grouse Schrëtt zu engem gläich-berechtigten a würdevollen Liewe fir Mënsche mat Beanträchtegeunge gemaach huet.

Wa mir mat dësem Projet de loi haut, zwar leider mat enger klenger Verspéidung vu fënnf Joer, déi néideg legal Basis schafen, fir déi bestehend Rechtsgebung un d'Bedürfnisse vun de Mënsche mat Behënnerungen unzepassen, fir hir Rechter an hir Würd ze stäerken a gläich-zäiteg och ze schützen, da stëmmt déi gréng Fraktioun och dëser wichtiger Décisioun ganz kloer zou. Vill ze vill oft stoussen d'Mënschen an der Situatioun vun engem Handicap nämlech u Grenzen, déi hinnen de Wee op e selbstbestëmmt an autonomt Liewe verspären.

Dëse Projet de loi geet iwwert deen zwar gutt gemengten, mä entmündegende Gedanke vu Virsuerg a Versuergung eraus, andeems en der voller Entfaltung vun de betraffene Mënsche Rechnung dréit an hiert elementaart Mëscherecht op Selbstbestimmung respektéiert.

Leider ass de Wee vun der nobeler Theorie zu der dagdeeglech gelieferter Praxis keen einfachen. Obschonns säit Joren eng ganz Rei Instrumenter agesat gi sinn a vill Engagementer geholl gi sinn, ass et de behënnerter Mënschen nach ëmmer net vergonnt, fir op alle Pläng als gläichwäerteg Biergerinnen a Bierger ze liewen, ze handelen, deelzehuelen a sech ze informéieren, esou wéi haut hei an der Chamber, wou eis gehörgeschiedegt Gäscht eis Interventiounen an hir eege Sprooch iwwersat kréien.

Här President, Léif Kolleeginnen, Léif Kolleegen, fir Würd a Gerechtegkeet op allen Ebenen ze schafen, dierf et net d'Aufgab vun de behënnerter Mënsche sinn, hir Besoinen un d'Gesellschaft unzepassen, mä d'Gesellschaft huet d'Aufgab, fir sech op d'Besoiné vun de behënnerter Mënschen anzustellen. Dee Paradigmewissel wëlle mir op alle Pläng erreechen. D'Barrière fir eng gläichberechtigt a vollwäerteg Bedeelegung vun alle Mënschen op allen Ebenen an der Gesellschaft si villfältig, esou datt d'Léisungen och villfältiger Natur musse sinn.

De Prinzip vum „Näischt iwwer eis ouni eis“, deen am Joer 2006 op der Konferenz vu Graz an enger Deklaratioun festgehal ginn ass, dréckt mat wéineg Wieder vill aus. D'Konzepter an d'Moosnamen, déi d'Mënsche mat Behënnerung betreffen, dierfen net décidéiert ginn, ouni déi betraffe Leit anzebezéien, mat hinnen ze beroden a se mat hinnen zesummen ëmzesetzen.

Op all Punkten, déi am Projet de loi virgesi sinn, ginn ech net am Detail an. Den Här Paul-Henri Meyers huet dat gemaach, a mir wëssen all, wat den Enjeu vun dësem Projet de loi ass. Er-laabt mer just e puer Remarquen.

Ee Beräich, dee mir besonnesch um Häerz läit, ass dee vun der Educatioun, och am Kontext vun dësem Projet de loi. En inklusive Schoul-



system an e gläichberechtegte Schoulbesuch, deen am Artikel 24 vun der UNO-Konventioun festgehaleen ass, huet fir mech eng ganz besonnesch Bedeitung, souwuel aus der Perspektiv vun de Kanner mat spezifesch Besoinë wéi och aus där vun hire Matschülerinnen a Matschüler.

An der fréierster Kandheet ginn d'Schlësselkompetenze vun engem Zesummeliewen am Respekt geluecht, an et ass an der Schoul, wou d'Kanner den Émgang mat der Verschiddenaartegkeet vun de Mënschen am beschte léieren. Schonn eleng aus deem Grond ass et wichteg, all Kanner an engem inklusivem Bildungssystem zesummenzebréngen an domat scho bei deene jéngste souwuel Bewosstsinn wéi och Respekt fir d'Individualitéit vun alle Mënschen ze schafen.

Et ass an der Schoul, wou mir de Grondstee vun deem esou wichtege Mentalitéitswandel an eiser Gesellschaft am beschte kënnen leeën. Beréierungsängscht a virun allem och deen an Elterekreesser wäit verbreete Viruerteel, datt an engem inklusivem Schoulssystem manner Kompetenze vermittelt gi wéi an engem exklusivem Eliteschoul, gëllt et ofzebauen. En ass net berechtegt. Dat weisen d'Erfahrungen, déi an deene Schoule gemaach ginn, woubäi déi sozial Kompetenze fir mech déi allergegréisste Roll spillen.

Eng gemeinsam Schoul erlaabt et och, déi jonk Mënschen, déi vun enger Behënnerung beträff sinn, vun Ufank un als gläichwäerteg Biergerinnen a Bierger ze betruechten. Mir sinn eis eens, datt verschidde spezifesch Fördereunge, virun allem bei gehörlosen oder sehbehënnerter Kanner, wichteg an noutwendeg sinn, grad esou wéi bei Kanner mat grousser Kierperlechen a mentale Beanträchtegungen.

Allerdéngs wëlle mer ustriewen, datt d'Quot vun der Inclusioun sech um héichstméiglechen Niveau beweegt, mat engem qualifizéierten Encadrement an engem maximale Personalschlëssel, dee momentan an de Schoulen net ëmmer garantéiert ass. Oft sinn et eis Enseignant, déi an enger Schoul waren, wou se déi Kompetenzen net geléiert hunn, déi sech och mam Problem vun der Inclusioun vu behënnerter Kanner mussen beschäftegen.

Mir brauchen och genuch finanziell Fördermëttelen a Material. Mir brauchen ugepasst Infrastrukturen, déi net nëmmen zougänglech sinn, mä déi och den individuelle Bedürfnissen an den individuellen Interesse vun alle Kanner gerecht ginn. Esou Moosnamen erlaben et, d'Quot vun der Exklusivitéit esou niddreg wéi méiglech ze halen an zäitlech ze limitéieren.

Ee Punkt, deen déi gréng am Kontext vun der Educatioun schonn oft kritiséiert hunn, ass, datt d'Éducation différenciée als parallell Struktur zu der Regelschoul funktionnéiert; den Här Eugène Berger huet och drop higewisen. Bei der Ausaarbechtung vum neie Schoulgesetz ass bewosst drop verzicht ginn, fir d'Édiffer an d'Gesetz ze integréieren. Eleng scho vum symbolesche Standpunkt hier ass déi Spaltung net wëschenswäert, well d'Kanner doduerch an zwou Kategorien agedeelt ginn. Dat widder-sprécht dem eigentleche Prinzip vun der Inclusioun.

De Projet de loi limitéiert sech bekanntlech net op d'Educatioun, mä deckt och aner Beräicher, souzeseen all d'Liewensberäicher, of. De Gesondheetsschutz, de soziale Schutz, d'berufflech Ausbildung, d'Beschäftegung, d'Gläichstellung virum Gesetz, d'Bedelegung um gesellschaftlechen, wirtschaftlechen a politeschen Liewen an d'Zougänglechkeet vun den Infrastrukturen an den Transportmëttel sollen duerch dëst Gesetz garantéiert ginn.

Eis Regierung ass also gefuerdert, an hoffentlech net iwwerfuert. Si steet virun der grousser Verantwortung an der Obligatioun, adequat Konzepter op alle Pläng ze proposéieren an e konkreten Aktionsplang mat engem kohärente Moosnamekatalog op d'Been ze stellen.

Laut enger Erhiewung, déi am Joer 2002 um Niveau vun der EU stattfonnt huet, ass all sechste Persoun vun enger lichter bis schwéierer Behënnerung beträff. D'Moosname riichte sech also net nëmmen un eng kleng Minoritéit, mä un eng grouss Zuel vu Matmënschen. Eng Zuel, déi mir oft ënnerschatzen.

Derbäi kënnt, datt mat steigender Liewenseraardung, déi mir zum Gléck hunn, awer och d'Zuel vun den eelere Mënschen an eiser Gesellschaft klëmmt. Oft sinn et déi eeler Leit méi wéi all déi aner, déi an hire Bewegunge beanträchtegt sinn, déi net méi déi mental Capacitéiten hunn, fir sech an eiser komplizierter, technescher a schnellieweger Welt zurecht-

zufannen. Besonnesch si gëllt et virun der Isolatioun a virum Aarmutsrisiko ze schützen.

Am Numm vun der Madame Loschetter sinn ech frou, hei kënnen drop hinweisen, datt an der Chamberskommissioun konstruktiv a fair zesummege schafft ginn ass, an ech hoffen, datt och den Aktionsplang d'Resultat vun enger effikasser Kooperatioun vun alle Bedeelegte wäert ginn.

Erlaabt mer zum Schluss nach eng Remarque zum Artikel 33. Deen Artikel gesäit jo vir, um nationale Plang eng zentral Ulafstell ze schafen, déi d'Mëttelen an d'Kräfte bündelt an innerhalb vun enger eenzeger Struktur déi bestehend onofhängeg Gremië matenee verbënnt. D'Chamberskommissioun sollt sech där Analys unhuelen an all Méiglechkeeten ausschäffen, fir esou eng Struktur ze entwéckelen als effikass Kontaktplaz fir all betraffe Mënschen.

Eng Maison des droits de la personne humaine hätt net nëmmen eng berodend an ënnerstëtzend Funktioun, mä kéint och als Iwwerwachungsorgan derfir suergen, datt d'Ausféierung vun alle Moosnamen op alle Pläng konkret geförderet a geschützt gëtt. An deem Sënn begreifen ech, datt den Här Paul-Henri Meyers an déi Richtung denkt an dat och hei gesot huet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dësse Projet de loi ass fir eis alleguer vu grousser mënschlecher an ethescher Bedeitung. Wann de Motto „Ech wëll esou liewen, wéi ech sinn“ vun alle Mënschen ergänzt ka gi mam klengen Saz „an ech kann et och“, dann hu mir eist Zil erreecht.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Lorsché. Als nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, villmools Merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dës Ried ufänke mat engem grousser Merci un den Här Rapporteur, deen esou gutt geschwat huet, datt mer, mengen ech, all Wuert geifen ënnerschreiwéi vun deem, wat Der haut gesot hutt, Här Meyers. An ech wëllt och selbstverständlech Merci soen der Iwwersetzerin. Ech wäert mer Méi ginn, fir besonnesch lues ze schwätzen.

Mir ginn als ADR ganz gär mat op dës Wee, fir dëst Gesetz ze stëmmen, awer mir wëllen oppassen, datt all dat Positivt a Wichtegt, wat haut hei gesot ginn ass, net Sonndesriede sinn. Wien d'Realitéit am Land kennt, weess, wéi wäit mer nach vun engem Zoustand ewech sinn, dee wierklech deene behënnerter Matmënsche gerecht gëtt.

Praktesch Beispiller kenne mer alleguer. Mir waren nach viru kuerzem zu Déifferdeng an der Sportshal, wou eng Ramp bis erop féiert. Dat heescht, et kann een als Behënnerter mat engem Rollstull eragoen an déi Sportshal, mä bannne sinn nëmmen nach Trapezen, esou datt behënnerter Leit zwar erakommen, mä dann och erëm müssen erausgoen, well se bannen am Gebai guer näischt kënnen maachen.

Mir hunn dofir, wat d'Gebaier ugeet, eng ähnlech Attitüd wéi d'Madame Dall'Agnol se scho beschriwwen huet hei virun eis. Mir denken, datt et ganz wichteg ass, net nëmmen iwwert d'Accessibilitéit un e Gebai an an engem Gebai nozedenken, mä och iwwert d'Evacuatioun vun engem Gebai am Fall, wou et geif brennen. Dat ass wierklech wichteg, zemoos well d'Life souwiso net funktionnéieren a vill Leit da ganz eescht Problemer hätten.

An deem Sënn wëlle mer och eng Motioun hei deponéieren, déi d'Regierung soll opfuere, den Inventar ze maache vum Zoustand an allen öffentleche Gebaier, an dann och déi Mësstänn oder déi Problemer, déi Defiziter, déi festgestallt ginn, an engem adequaten Zäitraum ze behuelen. Dozou gehéiert selbstverständlech och d'Fro vun der Sécherheet am Fall vun engem Feier.

Déi Motioun, Här President, iwwerreechen ech lech. Si dréit d'Ënnerschrëfte vun den Deputéierte vun der ADR an déi vum Här Hoffmann. Wann ech gelift!

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant que:

- la Chambre des Députés approuve la Convention relative aux droits des personnes handicapées, faite à New York le 13 décembre 2006;

- notamment à travers des reportages, les personnes handicapées signalent régulièrement de nombreux obstacles à leur liberté de mouvement;

- le Centre pour l'égalité de traitement (CET) note dans son avis que «Les bonnes intentions sont largement insuffisantes si elles ne sont pas suivies d'actions pratiques sur le terrain»;

demande au Gouvernement

- à établir, endéans les douze mois, un inventaire concernant l'accessibilité et les modalités d'évacuation des personnes ayant un handicap portant sur tous les bâtiments publics renseignant plus particulièrement les bâtiments pour lesquels cette accessibilité n'est assurée ou n'est assurée que partiellement;

- à établir, à la suite de cet inventaire, un programme pluriannuel sur 48 mois afin de pallier aux déficits constatés dans cet inventaire;

- à informer régulièrement la Chambre des Députés sur les progrès réalisés;

- à associer les différents acteurs et surtout les personnes ayant un handicap ainsi que leurs représentants à cet inventaire et à la prise de décision pour assurer l'accessibilité aux bâtiments concernés.

(s.) Fernand Kartheiser, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann.

► **M. le Président.** - Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Eng zweet Fro ass déi vun der Mobilitéit. An do wëllt ech elo just verweisen, als Beispill och erëm exemplativ, op eng Question parlementaire vun der ADR, déi mer schrëftlech gestallt hunn, op déi mer och sécher eng schrëftlech Äntwert kréien, iwwert d'Mobilitéit vum NOVA-BUS. Do schéngt et esou ze sinn, datt d'Zuel vun den Trajeten, op déi déi Behënnert d'Recht hunn, erofgesat ginn ass.

Wann dat da wierklech sollt de Fall sinn, da muss ee sech froen, alt erëm eng Kéier: Ginn haut hei net nëmme Sonndesriede gehal? Ass d'Regierung wierklech gewëllt, deene Leit entgéintzekommen, déi besonnesch op esou Servicer, wéi zum Beispill den NOVABUS, ugewise sinn?

Den Hauptpunkt vu menger Interventioun haut ass awer e Recht, wat bis elo nach net ugeschwat ginn ass, awer wat kruzial wichteg ass, an dat ass dat vum Recht op Liewe vun deene behënnerter Matmënschen. Den Artikel 10 vun der Konventioun seet „droit à la vie“ - ech zitieren deen -: «Les États Parties réaffirment que le droit à la vie est inhérent à la personne humaine et prennent toutes mesures nécessaires pour en assurer aux personnes handicapées la jouissance effective, sur la base de l'égalité avec les autres.»

Dat ass e ganz aktuellen Artikel. Ech wëll just dräi Beispiller hei nennen. Mir hunn am Ausland eng Diskussioun, déi mer hei an där Form elo nach net haten, iwwert d'Präimplantationsdiagnostik, déi keng Diagnostik ass, well se net op Heelung ofziilt, mä op d'Selektioun vu Liewen. Gesond Leit därefe liewen, behënnert Leit müssen an der Regel stierwen.

Dat ass d'Präimplantationsdiagnostik. Ech hoffen, datt mer déi Diskussioun hei am Land ni wäerte kréien. Mä mir hunn zwou aner Diskussiounen hei am Land, déi kruzial wichteg sinn a wou mer d'Aen net sollen zoumaachen. Och hei am Land ass d'Liewe vun deene behënnerter Matmënsche ganz staark menacéiert.

Dat eent ass d'Diskussioun iwwert d'Ofdriewung, wou mer iwwert de Wee vun der sozialer Indikatioun elo eng weider Dier opmaachen, fir praktesch e Passe-partout ze kreéieren, fir och behënnerter Kanner ouni weider Schwierigkeeten ofzedriewen.

► **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Déi Entwécklungen, déi mer a leschter Zäit haten, fir och nach déi zweet Consultatioun mat där éischter praktesch ze verschmëlzen an dat Ganzt och nach op enger Plaz ze maachen, ass e weidere schlëmme Schrëtt a Richtung vun enger Vereinfachung vum Doutmaache vum ongebuere Liewen. An eng vun deenen Haaptkategorie vun deenen, déi dorënner leiden, si selbstverständlech déi behënnerter ongebuere Kanner.

► **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Eng zweet Saach ass d'Euthanasie. Mir hate viru kuerzem, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Diskussioun heibannen iwwert d'Reform vum Euthanasiegesetz. Elo froen ech lech - mir hunn hei eng Rei vu Parteien héieren, an ech schwätzen hei besonnesch déi gréng an d'Sozialisten un -: Mengen déi dat dann, wa se hei vun de Rechter vun de Behënnerter schwätzen, wat se hei soen?

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Här President,...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech wëll lech virlesen...

► **M. le Président.** - Jo?

► **M. François Bausch (déi gréng).** - ...ech géif lech wierklech bieden, déi Debatt hei, déi war wierklech immens digne bis elo.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo.

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Wat den Här Kartheiser amgaangen ass ze maachen, ech muss lech soen, do protestéiere mir schäerfstens! Dat ass wierklech deem Parlament hei net méi würdeg!

(Approbation)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech wëll lech elo virlesen, wat déi gréng Kollege proposéiert hunn, wann et ëm d'Euthanasie geet. Do huet den Här Muck Huss, deen elo net méi bei eis ass, am Numm vun deene Grénge gesot, et wäere Lacunen am Euthanasiegesetz. An ech liesen lech vir: „Dat sinn effektiv Saachen, d'Madame Err huet do een, zwee Beispiller ginn, ech wëll och dat huele vun deene Kanner, déi gebuer ginn an engem Zoustand,...“ - „an engem Zoustand“, dat heescht net, datt se um Stierwe sinn - „...wou et fir d'Elteren eng absolut verzweifelt Situatioun ass, an net nëmme fir d'Elteren, mä och fir den Dokter, deen dat Kand op d'Welt bruecht huet.“ Also, mir schwätzen net vun enger verzweifelter Situatioun fir d'Kand, mä fir d'Elteren a fir den Dokter.

„An ech mengen, wann Der emol mat esou Doktere geschwat hutt, déi esou Kanner op d'Welt bréngen,...“ - „esou Kanner op d'Welt bréngen!“ - „...do stellt sech effektiv d'Fro, wat do fir d'Kand besser ass.“ Op eemol ass et d'Kand, an net d'Elteren an den Dokter. „Et ass deemno a wéi engem Zoustand datt dat Kand sech befënnt. An et gëtt grausam Situatiounen, wéi d'Kanner haut kënnen op d'Welt kommen, an dat sinn duerch da Lacunen a mengen Aen, déi elo effektiv hei an dësem Gesetz nach net geregelt sinn. An dat muss een awer kënnen ënner erwuessene Leit op eng roueg Aart a Weis diskutéieren.“

Dat ass d'Positioun vun deene Grénge, wou eigentlech alt erëm eng Kéier besonnesch déi Behënnerter menacéiert sinn, an eng Euthanasiesituatioun - ënner Anführungsstreich - erankommen.

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Här President, elo geet et wierklech duer! Ech muss lech soen, dat ass jo net méi ze erdroen!

► **Une voix.** - Schummt lech dach!

(Brouhaha général)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - D'Sozialisten, d'Madame Err...

► **M. le Président.** - Här Kartheiser, ech géif lech wierklech bieden, lech e bësselchen ze bremsen! Mir haten hei elo eng ganz gutt Debatt a mir sollen hei zu engem Gesetz iwwert déi behënnerter Leit schwätzen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Richteg.

► **M. le Président.** - An Dir sidd hei amgaangen, eng Evasioun an aner Sujeten ze maachen, déi net direkt eppes domat ze dinn hunn.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, d'Recht op d'Liewe vun deene Behënnerter...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech wëll dergéint protestéieren, Här President. Dir kënnt lech als President net hei an e politeschen Débat améschen! Ech mengen, et ass...

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Dat ass kee politeschen Débat!

(Brouhaha général)

► **M. le Président.** - Mä ech...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et ass dem Här Kartheiser säi gutt Recht, fir dat an engem publiquen Débat ze soen,...

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Et ass einfach, mat Dreck op déi aner Leit ze werfen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...wat e fir richtig féinnt! Et ass jo jiddwerengem säi Recht, och dorobber ze äntworten.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här Bausch...

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.** - Ech bieden lech elo all, wann ech gelift zum Thema zrëckzekommen! Här Kartheiser, fuert virun, mä schwätzt wann ech gelift iwwert dee Projet de loi!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Voilà! An am Projet de loi steet den „droit à la vie“ vun deene behënnerter Persounen. Dat gehéiert zu deem Gesetz, dat mer haut diskutéieren, an dofir schwätzen ech iwwert d'Recht op d'Liewe vun deene Behënnerter! An ech wëll...

(Interruptions)

An den Här Bausch, dee mir hei reprochéiert, ech géif mat Dreck werfen. Deen Dreck, mat deem ech geworf hunn, dat ass d'Ried vun Här Muck Huss...



► **Plusieurs voix.**- Neen!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ...hei an der Euthanasie.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dat ass aus dem Kontext geholl. Dat huet heimmadder guer näischt ze dinne!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An ech wëll och hei rappeléieren, wat d'Madame Err vun de Sozialiste gesot huet...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Dir sollt lech schummen!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, neen, ech schumme mech net. Déi Parteien, déi esou eppes soen, solle sech schummen. An dofir zitëieren ech dat hei, well...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dir zitëiert hei hors contexte. Dat huet mat deem hei guer näischt ze dinne.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Neen, mir schwätzen iwwert d'Rechter vun deene Behënnerten, Här Bausch! An déi hunn d'Recht ze liewen!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dir schwätzt net dovun!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An Dir, Är gréng Partei menacéiert d'Recht vun deene behënnerte Matbiereger.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dat ass wierklech net ze gleewen!

(*Brouhaha général*)

► **M. le Président.**- Ech géif elo bieden...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dir sidd eng Zoomuddung fir dëst Parlament!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, et ass eng Zoomuddung an engem Parlament, datt eng Partei heibannen ass, déi iwwerhaupt Zweifelen huet um Recht vu Mënschen, fir ze liewen.

► **M. le Président.**- Neen, ech mengen, Här Kartheiser, elo geet et awer wierklech duer!

(*Brouhaha général*)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech zitëieren d'Madame Err.

► **M. le Président.**- Neen, esou geet et net, Här Kartheiser!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Soss gi mer eraus. Also, dat do ass net ze akzeptéieren!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, ech wëll meng Ried halen, Här President. An ech...

► **M. le Président.**- Jo, dann haalt elo wann ech gelift Är Ried! Dir musst souwisou geschwënn zum Schluss kommen,...

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo.

► **M. le Président.**- ...duerfir géif ech lech elo bieden nach eng Keier,...

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech hat och nach eng Motioun déposéiert.

► **M. le Président.**- ...lech hei mam Gesetz auserneezen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Selbstverständlech, an zwar mam Recht vum Liewe vun deene behënnerte Persounen; den Artikel 10 vun der Konventioun.

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur*.- En intellektuelle Brandstëfter! Dat ass alles, wat Der sidd!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Also, d'Sozialisten.

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur*.- En intellektuelle Brandstëfter sidd Dir!

(*Brouhaha général*)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- D'Madame Err huet hei gesot, well Kanner op d'Welt kommen - ech zitëieren -, „déi terribel prématuréiert sinn“.

(*Brouhaha général*)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Mir ginn eraus. Dat ass net ze erdroen!

(*Brouhaha général*)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Weder déi ganz kleng Kanner nach d'Mineure kënnen ënner egal wat fir engen Ëmstänn iwwer Stierf-hëllef - ech zitëieren - „geholfel kréien“. Dat „geholfel“, dat heescht ganz sécher hei: ëmbruecht ginn. An dat ass natierlech eng ganz dramatesch Saach. An ech sinn och ganz frou, wéi gesot, datt ech dat haut kann hei soen, fir datt jiddwereen, deen eventuell besonnesch interresséiert ass um Lous vun deene behënnerte Mënschen, dat haut och hei ka mathéieren.

(*Des députés des groupes politiques LSAP, DP et déi gréng quittent la plénière en signe de protestation.*)

„Datselwecht“, seet d'Madame Err vun de Sozialisten, „gëllt och fir Majeuren,...“ - Zitat - „...déi net capabel sinn.“ Zitaten. Ech wëll et also elo jiddwerengem, well ech un d'Enn vu menger Zäit kommen, iwwerloossen, fir sech auszemolen, wéi menacéiert wierklech hei am Land behënnert Matmënsche sinn. Ech si frou an dankbar, fir dat hei kënne gesot ze hunn.

Am Numm vun der ADR ginn ech ganz gär den Accord zu dësem Gesetz, inklusiv deem Artikel, dee sech fir d'Recht op d'Liewe vun deene behënnerte Matbiereger ausschwätzt.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

► **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

(*Les députés regagnent la salle.*)

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, ech muss einfach fir d'Éischt soen: Et deet mir wierklech leed, dass ech mech net kann argumentativ mat deem ausenanersetzen, wat den Här Kartheiser elo gesot huet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Dofir hunn ech awer keng Zäit. Ech wëll awer dem Här Meyers och nach eng Keier ausdrécklech Merci soe fir säi beandrockenden, sensibele Rapport, net nëmmen dee schrëftlechen, mä och deen hei an der Chamber. An en huet komplett Recht, d'Bedeitung, ech géif gär soen d'historesch Bedeitung vun där Konventioun hei ënnerstrach ze hunn.

D'Madame Lorsché huet scho gesot, déi Konventioun bedeit e Paradigmewissel an der Behënnertepolitik, also eng nei Approche. Net méi déi Approche vun der Fürsorge - ech kenne leider kee Lëtzebuergesch Wuert dofir -, Ausgläich vun Defiziter, well esou war et bis elo eigentlech an der Regel, mä d'Approche vun enger gläicher mënschlecher Dignitéit vun alle Mënschen. Also, d'Approche vu gläiche Rechter, gläiche Mëscherechter. An domadder also d'Interdiction vun alle Forme vun direkter oder indirekter Diskriminatioun, souwuel am öffentleche wéi am private Beräich.

D'Verantwortung, fir all Diskriminéierungen ze verhënnere respektiv ofzebauen, déi läit no där Konventioun bei der Politik. Déi muss och derfir suergen, dass Viruerteeler an Ausgrenzungen an der Zivilgesellschaft ofgebaut ginn. Gläich mënschlech Dignitéit heescht och, dass all Mënsch e vollt Bewosstsäin vun där eegener mënschlecher Dignitéit huet, kann hunn.

Awer all Barrieren, all Zougangsschwieregkeeten, sief et physischer Aart, sief et rechtlicher Aart an esou weider, all esou Barrieren erschwéieren dat Bewosstsäin vun der eegener Dignitéit vun deene Leit, iwwert déi mer hei schwätzen, well se den Androck vermittelen, si wäeren eigentlech am öffentleche Liewen net esou richtig erwünscht.

D'Fortschritter am Beräich vun de Mënscherechter berouet ganz oft op engem Onrechtsbewosstsäin, an dat ass och hei de Fall. An eigentlech, muss ee jo soen, fänkt d'Onrecht jo schonn u mat der Sprooch, dat heescht mat der Aart a Weis, mat de Wieder, mat deene mer iwwert déi Leit, déi hei gemengt sinn, schwätze respektiv iwwer hir besonnesch Eegeschafte. Och do setzt déi Konventioun nei Akzenter, zum Beispill mat deem Begrëff vun der Diversitéit, deen e bëssen awer dee vum Handicap soll ersetzen, obwuel deen Ausdrock och an der Konventioun nach ëmmer virkënn.

Fir dat Onrecht, fir all déi Barrieren ofzebauen, also dës Konventioun ëmzesetzen, brauche mer nach erheblech Ustrengungen, Ännerungen am legislative Beräich - mir musse vill Gesetzzer eigentlech opbesseren - an natierlech an der Praxis. Dofir brauche mer Wëllen, Mëttelen, Personal a wëssenschaftlech Fuerschung. Richteg a wichteg ass et, dass am Moment schonn un engem Aktionsplang geschafft gëtt fir d'Ëmsetzung vun dëser Konventioun an Aarbechtsgruppen. A richteg a wichteg ass et och, dass déi betrafte Leit an hirer Diversitéit un deenen Aarbechtsgruppe bedeelegt sinn.

Wann een d'Rapporte vun deenen Aarbechtsgruppe liest, da gesäit een engersäits, wou et iwwerall nach hapert an där heiter Fro, an anersäits liest een och eng ganz Rei vu Virschléi an deene verschiddenste Beräicher. Ech kann natierlech net op déi eenzel Beräicher agoen; just ee Beispill awer, fir ze gesinn, wou mer iwwerall mussen agräifen.

D'Beispill vun der physischer oder raimlecher Accessibilitéit. Mir hu virun e puer Deeg hei en neit Gesetz gestëmmt iwwert den Aménagement vun eise Stied a Gemengen a mir hunn

och iwwert d'Reglementer diskutéiert, wéi dat Gesetz soll ëmgasat ginn. Eigentlech misst jo an all PAG, vun der Étude préparatoire un... An all PAP misst et eigentlech verbindlech Bestëmmungen zur Accessibilitéit gi vu sämtleche Leit, mat wéi engen Eegeschafte och ëmmer.

An dat misst natierlech dann och an deene Règlements grand-ducaux festgeschriwwen ginn. Dat ass am Moment nach net de Fall, och net an deene Projets de règlements grand-ducaux, déi elo virleien a Bezuch op dat Gesetz, wat mer hei gestëmmt hunn.

Also, jo zu dësem Gesetz an dëser Konventioun. An elo dann awer net méi laang gewaart: ëmsetzen!

Merçi.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt: Ee grouse Prinzip hei am Haus ass dee vun der Liberté de parole, wat eng Grondregel bei eis ass; mä déi Proposen, déi den Här Kartheiser hei gehalen huet, si fir mech indigne an inakzeptabel.

(*Assentiment*)

Dëse Sujet vun haut ass e seriöse Sujet, e wichtige Sujet, e sensibele Sujet. An erlaabt mer, dass ech op e puer Punkten aginn, déi fir mech hei schonn... Bon, et si ganz vill Virriedner, déi schonn op vill Punkten agaange sinn, mä et si fir mech nach e puer Punkten, déi net schlecht wieren ze diskutéieren.

Deen éischten ass dee vun der Sensibilisation. Jo, Dir hutt et gesinn, an et sinn och scho Reportagen op der Tëlee gewiescht, dass et heiansdo verschidde Beruffer gëtt, wou deen een oder deen aneren net weess, wéi e soll reagéieren, wann en op eng Keier en Usager huet mat engem Rollstull, deen de Bus wëllt huelen oder en Zuch wëllt huelen. Dowéinst ass et och ganz wichteg, dass een d'Personal an deene verschiddene Gemengen - an et si jo eng Rëtsch vu Leit heibannen, déi och Verantwortung an hire Gemengen hunn -, d'Personal an d'Fonctionnaires op dee Problem sensibiliséiert.

Ech wier selbstverständlech frou, wann och bei der Eisebunn - an ech profitéiere vun der Geleeënheet, well hannert der Ministesch sëtz den Här Wiseler - d'Personal déi néideg Informatiounen a Sensibilisationcampagnë gemaach kréich, fir ze wëssen, wéi se solle reagéieren, wann eng Persoun sech presentéiert. Et kann net sinn, dass een - well een dann net weess, wat ee soll maachen - dann eng Persoun am Rollstull beim Bus stoe léisst an da seet: „Vläicht kënn den nächsten an dee kann lech da mathuelen.“

Ech ka mech erënneren, virun e puer Joer hat ech dem Här Lux, deemolegen Transportminister, eng Question parlementaire gestallt, wéi et dann ass, wann een den Zuch wëllt huelen. An deemools war et... an den Här Lux, dat muss een och zouginn, huet do och wierklech intervenéiert, fir dass et och soll méi flexibel sinn. Mä et ass nach ëmmer komplizéiert haut. Wann Der e Rollstull hutt an Dir wëllt mam Zuch fueren, musst Der scho bal een Dag oder zwee Deeg virdu Bescheid wëssen, ëm wéi vill Auer dass Der wëllt heemgoen, well déi Flexibilitéit, déi Der als normalen Usager hutt, net garantéiert ass.

Sensibilisationcampagnë kënnen och lafen, an ech muss lech soen, dass ech d'Chance hunn, an der Gemeng Lëtzebuerg d'Madame Kayser ze hunn, eis Coordinatrice sociale, mat där mer och gekuckt hunn - fir elo no de Gemengewahlen gëtt en adoptéiert, an deen ass da fir no de Gemengewahlen am Oktober, November geplangt -, dat heescht, dass dann dee Schafferot, deen dann am Amt ass, déi Campagne soll starten, wou een d'Leit sensibiliséiert iwwert déi verschidden Handicapen, déi et gëtt.

Zum Beispill „lessen am Donkelen“ ass eppes, wat et am Ausland gëtt, wou am Fong déi Persoun, déi lech erkläert, wéi een all Dag mécht, fir am Restaurant ze iessen, oder wéi ee mécht, fir ze iessen, Äre Guide ass. An Dir vertraut em voll a ganz. Dat ass eng Experienz, gleeft mer et, wann Der déi gemaach hutt, déi lech net... déi net näischt mécht. Ech hat och d'Chance, eng Ausstellung kucken ze goen op Hamburg - an d'Madame Ministesch, mir hate scho Sitzungen zesummen - vum „Dialog im Dunkeln“, dat ass eng Experienz, déi Der hutt, wou och en Non-voyant Äre Guide ass an lech do duerch verschidden Zeenen, déi een am alldiegleche Liewen huet, derduerchéiert. Och dat ännert eng Persoun, wann Der do erauskommt.

Wéinst der Kris a wéinst Spuermoosname konnte mer dëse Projet net maachen. D'Gemeng Lëtzebuerg op jidde Fall wier bereet, wann de Ministère och nach interesséiert ass,

fir ze kucken eng Versioun „light“ vläicht eng Keier an Zukunft ze organiséieren. Mä wierklech einfach d'Sensibilisation ze hunn, fir dass ee weess, wat dat heescht. Dat, wat ass, deen, deen déi Experienz mécht, dee weess, dass en eng hallef Stonn oder eng Stonn drop dat net méi huet. Mä da weess en awer déi hallef Stonn oder déi dräivéirel Stonn, wou en déi Experienz gemaach huet, wat deen anere säi ganz Liewen erlieft. An dat ass eng Experienz, déi ech nëmme jiddwerengem ka recommandéieren.

Mir wäerten och mat Associatiounen e Baskets-match organiséieren, mat „Zack“ oder mat den „Lux Rollers“, wou een dann och eng Keier am Rollstull Basket probéiert ze spillen, fir dass Der wësst, wéi déi Situatioun ass. Mir wäerten och d'Leit duerch d'Groussgaass goe losse mat esou Écouteuren, wou een näischt héiert, fir ze kucken, wéi et ass, wann een duerch eng Plaz geet, wou ee gewinnt ass, eppes ze héieren, an op eng Keier, vun haut op muer, näischt méi héiert.

Här President, ee wichtige Punkt, an ech hunn et virdu scho gesot, beim Zuch ass den Transport, an ech sinn och frou, dass mam Här Bausch an der Gemeng Lëtzebuerg zesumme gekuckt ginn ass, wéi Efforten och kënne gemaach ginn, fir den Transport ze garantéieren.

De Rollibus ass zitëiert ginn, also den NOVABUS ass zitëiert ginn. De Rollibus kann een och zitëieren. Ech mengen, et ass ganz wichteg, eng gewësse Flexibilitéit ze hunn, an et kann een net soen, dass déi Moyens de transport dann zum Beispill de Weekend ëm zéng Auer fäerdeg sinn, an dass een dann net méi heemkënn. Ech mengen, et ass och d'Recht vun enger Persoun am Rollstull, fir kënne freides owes owsamschdes owes erauszegoen an do och e bësse méi laang kënnen ze bleiwen an dann duerno awer d'Garantie ze hunn, heemzekommen.

Virdrun ass och geschwat gi vun de Gebärdesproochkursen. Ech hunn do mat der Madame Ministesch geschwat. Et ass eng aner Persoun, déi d'Coursen, déi mir organiséiert hunn, déi sinn och vun der Gemeng Lëtzebuerg bezuelt ginn. D'Madame Ministesch huet mer gesot: „Dir hutt nach...“

(*Interruption*)

D'Madame Ministesch sot mer: „Dir hutt nach näischt gefrot.“ Ma dann huelen ech dat zur Kenntnis, da maache mer dat muer. Mä mir hunn zum Beispill d'Chance, dass mer 120 Diplomer d'nächst Woch iwwerreechen u Leit, déi do Gebärdesproochkursen gemaach hunn. Firwat ech dat hei zitëieren? Well ech einfach wëll soen, dass et wichteg ass, dass aner Gemengen dat och offréieren.

Mir offréieren allegueren eisen net Lëtzebuergesche Matbiereger Lëtzebuergesch-Coursen. An et wier och wichteg, dass een niewent der Offerte vun der Lëtzeburger Sprooch och d'Offerte géif kréien, fir d'Gebärdesprooch ze léieren. Mir hunn d'Chance, dass d'Nicole an d'Jackie ganz engagéiert Enseignantë sinn, a wou mer souguer elo en „Gebärdecafé“ hunn, wou d'Leit zesummekommen an dann zesummen diskutéieren, sech échangéieren an op jidde Fall hir Experienze vun der Woch oder vum Mount dann austauschen.

Ech hu virdrun och vum Transport geschwat. An eppes, Här President, Madame Ministesch, wou ech elo insistéieren, well an e puer Minéit si Gemengewahlen...

(*Interruptions*)

Et ass d'Recht...

(*Interruptions*)

Et ass d'Recht an et ass inakzeptabel,...

(*Interruptions*)

Et ass inakzeptabel, Här President, dass verschidde Leit, déi am Rollstull sinn, gesot kréien: „Wann Der wëllt wile goen, da frot d'Bréifwahl wann ech gelift un!“ Et ass d'Recht vun all Bierger, an e Wahlbüro ze goen. Dowéinst soll een och kucken, dass d'Accessibilitéit vun de Wahlbüroen och garantéiert gëtt. Ech weess vu verschidde Fäll, wou dat net garantéiert ass, an da kritt een da gesot, Dir sollt da Wahlbréif (veuillez lire: Bréifwahl) ufroen...

(*Interruptions*)

...sollt Wahlbréif (veuillez lire: Bréifwahl) ufroen. Ech mengen, et ass wichteg, dass och déi verschidde Plazen do accessibel sinn. Wann ee vun...

(*Interruption*)

Den Här Angel mengt jo hei, e misst provo-zéieren, andeem en Hollerech zitëiert. Wann en



Hollerech zitéiert... ech muss dem Här Angel soen, dass mir selbstverständlech all deene Leit, déi net an e Wahlbüro kënnen eragoen, garantéieren, dass se mat engem Bus op eng Plaz gefouert ginn, déi accessibel ass, an op den anere Plazen, wou eng Ramp just gebraucht gëtt, dann eng Ramp installéiert gëtt.

Ech wier frou, Madame Ministesch an Här President, dass och an Zukunft, why not, d'Gemenge wierklech ënnerstëtzt géife ginn, souguer mat engem Subsid, oder wéi een et da misst souguer contraignant maachen, dass d'ADAPT misst Avisé gi bei gréisser Projeten. Dat ass keng Mussesaach bei ville Gemengen. Mä ech wier frou, wann d'ADAPT och méi oft géif gefrot gi vun deene verschiddene Gemengen, wa grouss Projeten do wieren.

An dann, last but not least, wa grouss Manifestatiounen sinn, den Här Berger huet et scho gesot, ob dat elo den „public viewing“ ass - wou et zum Beispill och Sendere gëtt, déi d'Gebärdesproochiwwersetzung hunn, esou wéi mer dat och hei hunn -, ass et wichteg, an ech wier frou, wa méi Gemengen och esou Manifestatiounen, oder wann de Stat Saachen organiséiert, och de Reflex hätt, fir direkt alles ze maachen, fir dass déi Leit och eng Vue oder op jidde Fall eng appropriéiert Plaz kéinte kréien.

Wëst Der, mä Wonsch, Madame Ministesch, Här President, no där Debatt vun haut a fir d'Zukunft, dat wier - Info Handicap gëtt e Präis, deen heescht „Eng Gemeng fir jiddereen“ -, ech wier frou, wa mer kéinte soen eng Kéier „E Land fir jiddereen“.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bettel. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot age-droen.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, mir hunn de Mëtteg an enger gudder Debatt eng wichteg Konventioun diskutéiert, mat ville gudder Bättrëg, déi op déi Portée vun där Konventioun higewisen hunn. Ech wëll deem näischt bäifügen.

Ech hunn awer och eppes hei erlieft de Mëtteg, wat ech an där Chamber, an all deene Joren, wou ech hei sinn, nach net erlieft hunn!

Wat ass geschitt? Et ass en Deputéierten, deen huet déi wichteg a wäitreechend Konventioun profitéiert, fir sech ze profiléieren. A wéi huet e sech wëlle profiléieren? En huet aus enger anerer Debatt, och eng wichteg Debatt, déi hei stattfonnt huet, Sätz erausgerappt a se hei mat deem wichtige Respekt fir handicapéiert Leit verbonnen, an en huet déi Zitater esou forcéiert, dass en eigentlech gesot huet, dass eng Partie Kolleegen heibanne kee Respekt fir déi handicapéiert Leit hätten.

Dat ass ongeheierlech als Method an et ass onwürdeg, fir an esou engem Ablack, wou mer iwwer esou eng wichteg Konventioun hei schwätzen, fir esou eppes ze maachen! Nach eng Kéier, ech hunn esou eppes nach ni hei gehéiert. Ech hunn och nach ni gesinn, dass ee vis-à-vis vu Kolleegen an där Chamber esou Methode gebraucht huet, fir se ze déconsidéréieren, fir se an den Ae vun den handicapéierte Leit als Leit duerststellen, déi déi Handicapen net géife respektéieren. Dat verdéngt just Veruechtung!

An ech hoffen, dass d'ADR sech vun esou Methoden distanzéiert an dass se esou Manéieren, fir e politeschen Débat hei ze féieren, net matmécht. Duerfir, wann dee Kolleeg, deen dat gemaach huet, wann dat elo, loosse mer soen, keen esou ee gebilte Mënsch wier wéi en ass, dann hätt ee kënnen soen, et ass en Ausrutscher. Ech mengen net, dass et en Ausrutscher ass. Et ass d'Method, an déi verdéngt Veruechtung!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Applaudissements)

► **M. le Président.** - Sou, domadder si mer um Enn vun den...

(Interruption)

Neen, Här Kartheiser, et ass elo Schluss! Mir kommen elo...

(Interruptions)

Da kënnt Der herno... Et ass eng Motioun hei; Dir hutt dann d'Méiglechkeet, zu der Motioun ze schwätzen. Mä elo kënnt d'Madame Familljeministesch drun, fir zu deem Projet de loi Stellung ze huelen.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mech wëlle fir d'Éischt deene Wierder vum Här Fayot uschléisen an och soen, dass et virun allem an enger Debatt, déi bis dohinner esou serein gefouert gouf, net würdeg war vis-à-vis vun deene Leit, déi haut hei zu Gaascht sinn an déi zum Deel net verstinn, wat hei geschitt. Duerfir fannen ech wierklech, dass dat do eppes ass, wat esou schrecklech déplacéiert ass, dass ee bal keng Wierder dofir féinnt!

(Interruptions)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif duerfir wëllen dem Paul-Henri Meyers awer ëmsou méi félicitéiere fir sã Rapport, deen en hei gemaach huet, mat där néideger Sensibilitéit, an och deene Kolleegen, déi do derzou geschwat hunn. Ech weess net, wéi wäit mer Zäit bleift, fir op déi verschidde Propositionen an och déi verschidden Themaen anzegoen, déi hei ugesprach gi sinn. Ech wëll och net erëm eng Kéier dee ganzen Historique soen, well et eppes ass, wat ewell e puermol vun de Kolleeg gesot ginn ass.

Ech wëll just op d'Wichtigkeet hiweisen, dass den 23. Dezember 2010 och d'Europäesch Union d'Konventioun formell approvüiert huet. Dat ass eppes, wat erstmalig geschitt ass, an domat huet och d'Europäesch Union sech verpflichtet, am Kader vun hire Kompetenzen derfir ze suergen, dass all Rechtsvirschrëften, politesch Moosnamen a Programmer op europäeschem Niveau mat de Bestëmmunge vun der Konventioun musse konform sinn.

Et ass de Mëtteg hei gesot ginn, déi bestehend Mënscherechtskonventiounen sinn applicabel fir jiddwereen. An da freet ee sech selbstverständlech: Firwat brauche mer dann eng zousätzlech Konventioun fir Mënsche mat enger Behënnerung? An de Rapporteur hat och gesot, et gi keng nei Grondrechter geschaf, mä si gi preziséiert. Et gëtt preziséiert, wat muss geschéien, fir dass och Mënsche mat enger Behënnerung an hirem Alldag vun dese Rechter a Fräiheete profitéiere kënnen.

Wat notzt et enger Persoun am Rollstull, wa se den Accès kënnt hunn zu engem Musée, mä awer esou vill Träppleken do sinn, dass se net dohinner kënnt? Wat hëlleft et enger dafer Persoun am öffentlechen Transport, wann d'Arreteren zwar ugesot ginn, mä wa se net affichéiert ginn? Wat hëlleft et, wann ech e Flyer kréien, op deem steet, ech muss op d'Gemeng kommen, ech muss bei d'Police goen, ech därerf kee Waasser drénken, wann ech et net ka liesen?

Et sinn also einfach Äntwerten an einfach Problemer aus dem Alldag, deene Mënsche mat enger Behënnerung ausgesat sinn, well eis Émwelt net accessibel fir jiddwereen ass. An d'Konventioun léisst keen Zweifel drun, dass et d'Émwelt an d'Gesellschaft ass, déi sech muss un d'Besoïn vun de Mënschen upassen, an net ëmgedrëit!

D'Mënsche sinn net vu virera behënnert, mä mir behënnere se duerch Barrieren, déi sech all Dag an hire Wee stellen. Et sinn dacks baulech, mä heiansdo och kommunikativ Barrieren. An de Moien huet de Sascha Lang zu Recht gesot: „Et si virun allem d'Barrieren an de Käpp, déi maachen, dass dës Konventioun néideg ass.“

D'Konventioun gesäit Verpflichtunge vir, déi all Stat, deen d'Konventioun ënnerschriwwen an approvüiert huet, muss erfüllen. Et ass un de Vertragsstaten, fir déi néideg Mesuren an d'Weeër ze leeden, esou dass d'Ausübe vun de Rechter a Fräiheeten, déi d'Konventioun virgesäit fir Mënsche mat enger Behënnerung, garantéiert gëtt. Et kann ee verschidden Themaen erausplécken. Eent, wat ganz dacks haut erausgepléckt ginn ass, ass dat vun der Accessibilitéit, wou d'Vertragsstate verpflichtet sinn, déi néideg Moosnamen ze treffen, fir dass d'Mënsche mat Behënnerung gläichberechtegten Zougank kréien zur physischer Émwelt, zu Transportmëttelen, zu Informatiounen an och zu de Services.

Ech denken do zum Beispill awer och u Sendungen, déi kommen, wou Ënnerstitelen kënnen dra sinn, awer och Iwwersetzungen vun Dokumenter, entweder a méi enger lichter Sprooch oder, esou wéi mer de Mëtteg d'Geleeënheet hei hunn, och an der Gebärdesprooch.

Et ass vill iwwert d'Gebärdesprooch de Mëtteg hei Rieds gaangen. Mir muss wëssen, dass dat laang Joren hei zu Lëtzebuerg eppes war, wat am Fong net ugesi gouf als eppes, wat gutt wier an néideg wier. Et ass ëmmer drop gehale ginn, dass et besser wier, wann ee géif kloer schwätzen, well et da méi lichter fir d'Leit wier, dass een dat kéint verstoen. Dat ass also och d'Explikatioun, firwat dass mer weineg Leit zu Lëtzebuerg hunn, déi eng Formatioun op deem Gebitt hunn. Dat ass och d'Explikatioun, firwat et da schwéier ass, fir Leit ze fannen, dee Moment wou ee se brauch.

Vill ass hei iwwer Sensibilisation geschwat ginn, och de Rapporteur hat dorobber opmierksam gemaach. Mir si verpflichtet, konkret an effikass Mesuren ze huelen, fir bei der ganzer Gesellschaft d'Bewosstsinn fir d'Situatiounen vu Mënsche mat enger Behënnerung ze schäerfen an de Respekt vun hire Rechter a vun hirer Würd ze fördern. D'Klischeeën mussen ofgebaut ginn an d'Fäegkeete vun deene Mënsche mat enger Behënnerung musse gefördert a gewürdegt ginn.

Ech muss awer och op där anerer Säit soen, dass mer an deene leschte Joren awer och villes erlieft hunn, wat positiv ass. Wa mer an der Zäit hu missen op ville Plaze bei de Gemenge bielden heiansdo goen, dass därerf en Haus opgemaach gi fir Behënnerter, dann ass dat Gott sei Dank awer eppes, wat haut bal - ech soen awer nëmme bal, well mer och elo nach heiansdo dat erliewen -, bal der Vergaangenheet ugeheiert.

Lëtzebuerg ass verpflichtet, fir Mënsche mat Behënnerung déi Ënnerstützung zoukommen ze loosse, déi si brauchen, fir hir Rechts- an Handlungsfäegkeet selwer auszeüben. Mënsche mat enger Behënnerung mussen op déi néideg Hëllef ziele kënnen, fir hir Entscheedungen selwer ze huelen a fir selbstbewusst a selbstbestëmmt hiert Liewen ze féieren. Vill ass iwwert d'Education an d'Formatioun geschwat ginn. An ech denken, dass an där Diskussioun vu gëschter och d'Madame Éducatiounsministesch all déi Doléancë mat op de Wee kritt huet.

Et bleift awer ze ënnersträichen, dass d'Konventioun de Refus vun dem Aménagement raisonnable als Diskriminatioun wäert. Et muss kloer sinn, dass eng Persoun, déi nëmme duerch speziell Hëllef e bestëmmt Recht kann ausüben, dës Hëllef an muss kënnen kréien an net därerf refuséiert ginn. Dës entsprécht ganz kloer der Definitioun vun der Diskriminatioun an der Behënnerterechtskonventioun! A sollten déi besoten Hëllef en Charge disproportionnée, also eng onverhältnisméisseg Belaaschtung fir deejeinegen duerstellen, vun deem se gefuerdert ginn, kann een net méi vun engem Aménagement raisonnable schwätzen. Dat fanne mer heiansdo och bei de Leit, déi eng Aarbecht sichen.

An zwee Joer muss mer heiriwwer e Rapport maachen, an ech denken, dass dat eng gutt Geleeënheet ass, fir ze weisen, wat an der Zwëschenzäit geschitt ass. Iwwert den Artikel 33 ass och vun enger ganzer Rei vun de Virriedner geschwat ginn. De Kontaktpunkt um Regierungsniveau ass de Familljeministère, deen dofir do ass, fir tëschent deene verschiddenen Instanzen an Acteuren de Link ze maachen. Et ass eng Roll vu Koordinatioun. Mä jiddwer Minister a jiddwer Verwaltung huet seng eege Roll ze spillen an d'Responsabilitéit fir d'Émsetze vun der Konventioun.

Déi zweet Roll ass déi vun enger onofhängeger Instanz. An do hu mer héieren, dass ass eng Kéier d'Commission consultative des droits de l'Homme, de Centre pour l'égalité de traitement an och den Ombudsmann. An als leschte Piliere selbstverständlech d'Zivilgesellschaft, an do virun allem och déi direkt betraffe Leit, ëm déi et hei geet. Si si vun Ufank un an desen Entscheedungsprozess mat agebonne ginn, sief dat bei der Verhandlung vun der Konventioun oder och beim Ausschaffe vun dem Aktionsplang - och dat ass hei gefrot ginn, ob se do mat abezu gi wieren -, an dat soll selbstverständlech och viru geschéien.

Op internationalem Plang gëtt et, niewent der Konventioun, och de Comité, dee fir d'Rechter vu Mënsche mat an d'Liewe geruff gouf an deen, wéi gesot, eng Kéier de Rapport kuckt, mä wou awer och eenzel Leit kënnen eng Plainte maachen, nodeems dass se an hirem eegene Land alleguerten d'Gerichtsbarkeete passéiert hunn.

Dann ass et den Zousazprotokoll, deen d'Konventioun nach eng Kéier verstärkt an och d'Rechter vun deem Comité gëtt him zousätzlech Missiounen. Och dat, denken ech, ass wichteg, fir ze kucken, wou mer virukomm sinn, a wa Verletzungen festgestallt sinn, da kann dee Comité op där enger Säit Recommandatiounen maachen, e kann awer och zousätzlech Iwwerprüeungen a Rapporten ofroen.

Dat wichtigst Element, wat no der Ratifizierung an no dem Vote vun deem Gesetz kënnt, ass selbstverständlech den Aktionsprogramm, wou mer zënter dem Ufank vun deem Joer amgaang sinn, zesumme mat der Zivilgesellschaft deen auszeschaffen, an deen, hofféier mer, bis zum Enn vum Joer wäert fäerdeg sinn. Et sinn d'Froen an d'Äntwerten zum Thema Behënnerung, déi hir fest Plazen an alle Beräicher an de politeschen Entscheedungen fannen. Esou soll et e Reflex ginn, fir inklusiv ze denken a fir ze vermeiden, dass et duerch Oniwwerluechtheet zu Diskriminatiounen kënnt, déi sécher net gewollt sinn an dacks duerch e bëssen Informatiounsfluss problemlos kéinte verhënnert ginn.

Den Aktionsplang wäert net nëmme legislativ Ännerungen bréngen, mä sécher och administrativ oder och finanziell Hëllef, déi kënnen kuerzfristeg dozou bäidroen, dass d'Mënsche mat Behënnerung gläichberechtegt um Liewen an un der Gesellschaft kënnen deel huelen. Genau wéi dës och ewell bei de Verhandlungen vun der Konventioun geschitt ass, war et dem Familljeministère e grousst Uleies, dass d'betraffe Persounen sech konnten äusseren zu de Froen an de Problematiken, déi si selwer betreffen.

An deem Sënn ass am September 2010 en Aarbechtsgrupp agesat ginn, deen zwou wichteg Aufgaben hat: éischstens, à court terme ee wierksamen Aktionsprogramm op d'Been ze setzen, fir d'Konventioun effikass ëmzesetzen; an zweetens, déi aktiv Zesummenaarbecht vun den direkt betraffene Persounen an de politeschen Décideuren ze vereinfachen.

Vun November 2010 bis Januar 2011 hat sech deen Aarbechtsgrupp mat Verrieder aus acht verschiddene Ministerë getraff. Et ass oppen diskutéiert ginn iwwert d'Aktiounen, déi solle gemaach ginn, d'Ziler, déi mer eis setzen, an och déi Moosnamen an Ziler, déi ausgewielt ginn, fir opgrond vun där Analys vun der Lëtzeburger oder vun der nationaler Législatioun - an och dat war eng Fro vun der Madame Dall'Agnol - ze kucken, wou een iwwerhaupt doranner drun ass. Am Joer 2010 ass déi Analys duerchgefouert ginn.

De Mäerz 2011 huet dunn den éischten Informatiouns- an Diskussionsowend, wou iwwer 120 Leit darbäi waren, stattfonnt. Et war den offizielle Startschuss fir déi direkt Zesummenaarbecht vun alle Bedeelegte bei der Entwécklung vum Aktionsplang. Den 2. Abrëll 2011 hu sech schliesslech iwwer 100 Interesséierter fir ee ganzen Dag zesummefonnt an néng Aarbechtsgruppen, wou eben d'Aktionsaarbechten an den Aktionsplang virugedriwwen goufen.

D'Aarbechtsgruppen hu sech mat deene folgenden Theme beschäftegt: éischstens, Bewosstsäinsbildung an Informatioun; zweetens, accessibel Kommunikatioun, Informatiounen a fräie Meinungsaustausch; drëtzens, Aarbecht a Beschäftegung; véiertens, Erzéiung a Bildung; fënneftens, Gläichberechtegung an Netdiskriminéierung; sechstens, Mobilitéit an Transport; siwentens, Accessibilitéit, Zougank duerch Infrastrukturen an och Services; aachtens, gläich Unerkennung virum Recht; néng, Autonomie an Inclusioun; zéng, Gesondheet, an eelef, d'Statistik an d'Datesammlung.

Um Ofschloss vum Aarbechtstreffen ass an der Plénière spontan décidéiert ginn, fir den Aarbechtsgrupp ëm zwou selwer betraffe Persounen ze erweideren, déi och deen Dag selwer gewielt goufen. Den 2. Juli waren dunn d'Participantë fir d'Zwee zu Réimech zesummen, wou konkret Léisungen a Verbesserungsvirschlë zu deene verschiddene Problematiken gemaach goufen. An et wäerten elo am Uschloss un des Aarbechtssitzung nach am Juli an am August kleng Delegatiounen vun deenen néng verschiddene Gruppe mat Verrieder aus deene concernéierte Ministeren zesummekommen, fir déi ausgeschaffte Léisungsvirschlë, déi kontrovers diskutéiert ginn, mam Zil, sech eens ze maachen, wéi eng Mesuren hire Wee an den Aktionsplang fannen.

Den 1. Oktober an 12. November fannen zousätzlech Aarbechtssitzungen statt. An, wéi gesot, rechne mer, dass bis Enn vum Joer de gemeinsamen Aktionsplang kann ofgeschloss sinn. Ech si selbstverständlech och zu all Moment gäre bereet, och domadder entweder heihinner ze kommen oder an d'Chamberskommissioun.

D'UN-Behënnerterechtskonventioun gëtt dacks als moralische Kompass fir d'Behënnertepolitik gesinn. Dës huet Konsequenzen fir eis all. Mir alleguer sinn als Gesellschaft gefuerdert, eis Roll am soziale Modell vu Behënnerung ze spillen. Dee medezinesche Modell vu Behënnerung ass net méi vertriebar. Dat seet d'Konventioun ganz kloer. Et läit net un der gesondheetlecher Beanträchtegung vun enger Persoun, wann een zum Beispill mam Rollstull net duerch eng Dier kënnt. Et läit un der Dier, déi net esou gebaut ass, dass all Persoun, egal wéi se ausgesäit, derduerch ka goen.

Et ass also un eis all, un all Eenzelne als Persoun, mä selbstverständlech och un de Ministèren - an ech sinn och frou, dass de Mëtteg hei vill op d'Gemengen insistéiert ginn ass -, un de Geschäfte, un de Behënnerteverbänn, un den Organisatiounen, aktiv eisen Deel dozou bäiziedroen, dass mer alleguerten eng Plaz an eiser Gesellschaft hunn an dass mer esou gutt wéi méiglech un deene verschiddenen Aspekter vum gesellschaftlechen Zesummeliewe kënnen deel huelen.

Fir dass dat net nëmme e fromme Wonsch bleift, wäerten an deenen nächste Méint a Joren - an de Paul-Henri Meyers an anerer hunn



drop higewisen - Sensibilisierungsaktiounen, mä awer och Formatiounen a Campagnen zum Thema Handicap an deene verschiddenste Beräicher an zu deene verschiddenste Problematiken organiséiert ginn.

Ech soen all deene Merci, déi de Mëtteg hei konstruktiv an dëser Debatt derbäi waren a wënschen, datt mer wirklech net nëmmen d'Gesetz zu enger grousser Majoritéit gestëmmt kréien, mä datt mer och e flotten Aktiounsplang fäerdeg kréien, dee sech a kuerzer Zäit, sécher och mëttelfristeg an och e bësse méi laangfristeg kann ausdehnen, well mer müssen och wëssen, alles dat, wat mer maachen, och am Interessi vu behënnerte Leit, ass och eppes, wat eis alleguerten zeguttkënn. Alles, wat méi accessibel ass, ass net nëmme besser fir een, dee behënnert ass, mä ass och méi liicht fir déi Leit, déi et net sinn.

Duerfir nach eng kéier villmools Merci, a villmools Merci och fir Är Mataarbecht bei dem net nëmmen Ausschaffen, mä och herno bei dem Ausféiere vun deem Aktiounsprogramm!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Familljeministes. Den Här Kartheiser freet nach eng kéier d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, ech wollt d'Wuert froen nom Artikel 42.2 „Fait personnel“.

(**Interruptions**)

► **M. le Président.** - Här Kartheiser, ech ginn lech d'Wuert. Ech bieten lech awer, lech esou auszedrécken, datt Der d'Dignitéit vun dësem Haus, a ganz besonnesch d'Dignitéit vun dëser Debatt respektéiert.

► **Une voix.** - Vun all eenzelne Member.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, dat ass eng Selbstverständlechkeet an ech soen lech Merci fir d'Wuert. Ech hu selbstverständlech och virdrun, mengen ech, d'Dignitéit vun der Debatt respektéiert.

Ech wëll véier Punkte maachen. Deen éischten ass: Eng Konventioun wéi déi, déi mer haut ratifizéieren, kann een net selektiv lisen. Verschidde Kolleegen hunn iwwert d'Éducation geschwat, iwwert d'Mobilitéit, iwwer aner Aspekter. D'Recht op d'Liewen ass Deel vun dëser Konventioun, Artikel 10; d'Recht op Sécherheet, Artikel 14. An dat Eenzezt, wat ech do gemaach hunn, ass och déi Aspekter vun der Konventioun ënnerstrach, déi gläichberechtigt mat allen aneren an där Konventioun stinn.

Deen zweete Punkt, deen ech wëll maachen, ass den Émgank hei ënnereneen. Ech ginn accuséiert. Ech hunn hei meng Veruechtung fir kee Kollege ausgedréckt! Anerer ware manner virsiichteg an hire Wieder, déi se mir géint-iwwer gebraucht hunn. Ech ginn dovun aus, mir vertrieben hei alleguer d'Lëtzebuerger Vollek, mir droen en Titel, mir sinn éierbar Leit. Ech mengen, mir sollten och am Émgank ënnereneen déi Terminologie duerchaus respektéieren an eis net géigesäitig mat Begrëffer wéi Veruechtung entgéintrieden.

Dat Drëtt ass: Hunn ech Zitater, déi ech gebraucht hunn, aus engem Kontext zesummege-rappt? Bon, et sinn Zitater. Mä ech mengen, all Lëtzebuerger Bierger kritt a säi Stot de Kammerbericht geschéckt, a jiddweree kann noliessen, wat iwwert d'Amendementer vum Euthanasiegesetz hei gesot ginn ass.

Jiddweree ka sech eng Meenung maachen, ob dat, wat ech gesot hunn - dat sinn Zitater, wou iwwert d'Amendementer vun deem Gesetz geschwat ginn ass -, ob dat aus dem Kontext gerappt ginn ass oder ob et de Geescht vun deenen Interventiounen an d'Wuert vun deenen Interventiounen erëmgëtt. Ech ginn där Saach mat ganz rouegem Gewëssen entgéint. All Lëtzebuerger ka sech do eng Meenung maachen. An ech sinn iwwerzeegt, datt ganz vill Leit mer wäerte Recht ginn.

An dee leschte Punkt ass: Et gouf gesot, ech wëllt mech hei profiléieren. Erlaabt mer eng ganz perséinlech Bemierkung. Ech maache keng Politik, fir mech ze profiléieren. Ech sinn an d'Politik komm an engem relativ avancéierten Alter, fir fir déi Iddien anzestoen, un déi ech gleewen. An eng vun deenen Iddien ass mäi kathoulesche Glawen, a fir mech ass Katholizismus och antriede fir d'Recht vum Liewen. An dat wäert ech hei an iwwerall, wou ech sinn, ëmmer nees maachen. Ech hu keng basement perséinlech Interessen, fir mech ze profiléieren. Loin de là! Ech hunn dat net néideg. Mä ech gleewen an ech trieden a fir de Rescht vum Liewe (veuillez lire: fir d'Recht op Liewen) vu menge Matmënschen.

Ech soen lech Merci, Här President.

► **M. le Président.** - Mir sinn elo um Enn vun der Diskussioun. Ech géif och nach eng kéier wëlle vun der Geleeënheet profitéieren, fir nach

eng kéier eiser Iwwersetzerin e ganz grouse Merci ze soen. Dat war net einfach. Et war eng laang an eng komplizéiert Debatt.

(**Applaudissements**)

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. Ech wëll nach eng kéier drop opmierksam maachen, datt eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert ass an de Vote par procuration net erlaabt ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et disposition du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Dann nëmmen déi perséinlech Stëmmen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6141 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel et Raymond Weydert;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Roger Negri et Ben Scheuer;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn dann hei nach eng Motioun, déi erabruucht ginn ass vum Här Fernand Kartheiser. Wëllt nach een zu där Motioun d'Wuert ergräifen, soss géif ech proposéieren, datt mer direkt géifen driwwer ofstëmmen?

(**Interruptions**)

Neen, et si véier Ennerschrëfte vun der ADR an eng vum Här Hoffmann.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Ech bieten lech och, d'Dignitéit ze wahren! Mir stëmmen of iwwert den Inhalt vun enger Motioun. Mir stëmmen net of iwwer aner Aussoen, déi ee vun de Signatairé vun dëser Motioun hei gemaach huet. Dat ass meng Haltung.

Dat Zweet: Zum Inhalt vun der Motioun sinn ech der Meenung, dass eigentlech dat misst drakommen, wat ech virdru gesot hunn, nämlech, wann et ëm d'Accessibilitéit vu Gebaier geet, dass eigentlech misst drakommen, dass an de Règlements grand-ducaux, déi sech op d'Gesetz vum Aménagement des villes et des communes bezieen, dass do onbedéngt misste verbindlech Bestëmmungen drakommen iwwert d'Accessibilitéit fir ënnerschiddlech, divers Eegeschafte, déi dat méi schwéier maachen; fir et esou auszedrécken.

► **M. le Président.** - Soss nach eng Wuertmeldung? Wann dat net de Fall ass, géife mer iwwert déi Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(**Interruption**)

Den Här Fayot freet nach eng kéier d'Wuert.

(**Interruption**)

Mir kucken dat no. Wat d'Resultat vum Vote ugeet, sinn et 43 Nee-Stëmmen, 6 Jo-Stëmmen a 6 Enthaltungen. Wann do eppes net richteg ass, da redresséiere mer dat.

Résultat définitif après redressement: la motion 2 est rejetée par 45 voix contre, 5 voix pour et 6 abstentions.

Ont voté oui: MM. Jean Colombara (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel,

Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Scheuer), MM. Roger Negri et Ben Scheuer;

MM. Eugène Berger et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen) et Mme Lydie Polfer.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6162 iwwert d'Relatiounen tëschent dem Stat an den Organisatiounen aus dem sozialen an therapeutische Beräich. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht.

(**Interruptions**)

► **Une voix.** - Sot Äddi!

(**Applaudissements**)

► **M. le Président.** - Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Lorsché, den Här Gibéryen an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo d'Rapporteurice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval.

6. 6162 - Projet de loi portant modification de la loi du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique et de la loi du 16 décembre 2008 relative à l'aide à l'enfance et à la famille

Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.** - Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, dee mer haut op der Lee hunn, huet zwee Objeten. Am Ufank sollt just e Kadergesetz vum 8. September 1998, dat d'Relatiounen regelt vum Stat mat de privaten Träger am sozialen, familiären an therapeutische Beräich, dat sougenannten ASFT-Gesetz en Conformitéit gesat gi mat der europäescher Direktiv 2006/123 vum 12. Dezember 2006, besser bekannt ënnert dem Numm Bolkestein oder Direktiv „services“.

Duerch Amendementer vun der Regierung gouf den Objet vum Projet de loi erweidert. An zwar geet et elo zousätzlech drëm, fir de groussherzogleche Reglementer, déi d'Gesetz vum 16. Dezember 2008 iwwert d'Aide à l'enfance et à la famille sollten ëmsetzen, eng legal Basis ze verschafen opgrond vun dem Statsrot sengen Avisen zu dësen Texter.

De Projet de loi N°6162 ass vun der Familljeministesche Madame Marie-Josée Jacobs de 16. Juli 2010 hei an der Chamber déposéiert ginn. Et louch en Exposé des motifs an e Kommentar vun de jeeweilegen Articlele bāi. D'Famillien-, Jugend- a Chancéglaichheetskommissioun huet während der Réunioun vum 5. Oktober 2010 de Gesetzesprojet eng éischte kéier analyséiert. Bei där Geleeënheet gouf den honorabelen Här Mill Majerus Rapporteur genannt.

Et koum en Avis zum Gesetzesprojet era vun der Salariatskummer, der Handelskummer an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. De 5. Mee 2011 huet d'Regierung Amendementer abruucht, déi ënner anerem och den Titel vum Gesetz geännert hunn. Den Avis vum Statsrot, deen den esou modifizéierte Gesetzestext aviséiert, koum de 17. Mee 2011 eran.

An der Réunioun vun der Familljekommissioun vum 24. Mee goufen d'Regierungsamendementer virgestallt an den Avis vum Statsrot ënnert d'Lupp geholl. Zousätzlech gouf ech als nei Rapportrice bestëmmt als Remplacement vum Mill Majerus. Den 1. Juni huet d'Kommissioun nach parlamentaresch Amendementer ugeholl an den Avis complémentaire vum Statsrot war datéiert op de 7. Juni. De 25. Mee war och nach en zousätzlechen Avis vun der Salariatskummer erakomm.

Mä Rapport gouf dunn de 5. Juli majoritär ugeholl, bei zwou Enthaltungen. Insgesamt bewäerten all déi offiziell Avisen d'Gesetzesinitiative als positiv. Fir weider Detailler verweisen ech op déi jeeweileg parlamentaresch Dokumenter.

Wat den éischte Volet vum Gesetzesprojet ugeet, also d'Ëmsetzung vun der Direktiv „services“, ass ervirzehiewen, dass entre-temps d'Kadergesetz vun dëser Direktiv de 24. Mee hei an der Chamber gestëmmt ginn ass. Et geet

jo do haaptsächlech ëm de Prinzip vun der Liberté d'établissement an der Liberté de prestations de services (veuillez lire: libre prestation de services), deen innerhalb vun der EU gëllt.

D'Direktiv bezitt sech op d'Déngschtleeschungen, déi géint Bezuelung ugebuede ginn, gesäit awer och eng Rei Ausnahme vir. Dat aktuell ASFT-Gesetz regelt d'Konditiounen, ënnert deenen d'Servicer aus dem sozialen, familiären an therapeutische Beräich kënnen agréiert ginn, fir hir Déngschtleeschungen géint Bezuelung an dauerhaft unzibidden.

D'Direktiv hirersäits applizéiert sech net op verschidde sozial Servicer, déi als Ausnahme gëllen, an zwar aus dem Beräich vun de soziale Wunnengen, der Aide à l'enfance an der Hëllef fir d'Familljen a Persounen, déi bestänneg oder vüörübergehend bedierfteg sinn; an dat, wann de Stat selwer de Prestataire ass, d'Prestataire vum Stat mandatéiert oder de Stat als karitativ Associatiounen unerkannt sinn. Dëst sinn nämlech Servicer, déi laut Direktiv wesentlech sinn, fir dat fundamentaalt Recht op Mënschewürd a mënschlech Integritéit ze garantéieren, gemeiss de Prinzipie vun der sozialer Kohäsioun an der Solidaritéit.

D'ASFT-Gesetz deckt de Moment net déi Aktivitéiten of, déi temporär duerchgefouert ginn, nëmmen déi, déi dauerhaft stattfannen. D'Direktiv „services“ gesäit awer d'Recht vun de Prestataire vir, fir och temporär Déngschtleeschungen, bis op déi uewe genannten Ausnahmen ausgeholl, fräi kënnen unzibidden.

Et gëtt dofir en Artikel 1bis an d'ASFT-Gesetz bäigesat, dass dës Déngschtleeschungen ouni zousätzlechen Agrément hei zu Lëtzebuerg dierfen ugebuede ginn, wa se temporär sinn, mä si kënnen zousätzlechen Exigenzen ënnerleien, déi duerch den allgemengen öffentlechen Interessi néideg sinn, wéi zum Beispill d'öffentlech Sécherheet oder d'Santé publique, wann dës Exigenzen d'Prinzipie vun der Netdiskriminierung, der Néidegkeet an der Proportionalitéit respektéieren.

Fir d'Detailler zum Ennerscheed, deen den Europäesche Gerichtshaff mécht tëschent der Liberté d'établissement an der Liberté de prestations de services (veuillez lire: libre prestation de services) a bestëmmtene Fall, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Da gëtt an dësem Gesetzesprojet nach e weidere fundamentale Prinzip vun der Direktiv „services“ am ASFT-Gesetz agefouert, an zwar dee vun der Autorisation tacite. D'Prozeduren an d'Formalitéiten müssen erméiglechen, dass all Demande a méiglechst kuerzer Zäit behandelt gëtt. An dës rasonabelen Délai muss virdru public gemaach ginn. Dofir muss elo fir all Agrémentsdemande en Accusé de réception innerhalb vun zéng Deeg gemaach ginn.

An dësem Brëif muss drastoen: den Datum, wou d'Demande ukomm ass; den Délai vun der Instruktioun vum Dossier; d'Recoursméiglechkeeten; an dass d'Autorisatioun ginn ass, wann d'Antwort net am Délai do ass. Och muss den Demandeur esou séier wéi méiglech matgedeelt kréien, wa säin Dossier net komplett oder irrecevabel ass, ausserdeem wat e muss norechen an déi doraus erfallend Konsequenzen op den Délai vun der administrativer Instruktioun.

Et ginn e puer Méiglechkeeten am neien Artikel 2bis vum Gesetz, fir eppes ze autoriséieren. Den initialen Délai leeft un, wann déi néideg Dokumenter um Ministère sinn. An op Urode vum Statsrot gouf den Délai op dräi Méint festgesat esou wéi d'Kadergesetz vun der Direktiv „services“. Den Délai dierf eemol verlängert ginn, wann d'Komplexitéit vum Dossier dat rechtfertegt. Dat muss dem Demandeur matgedeelt ginn, gradesou wéi d'Dauer vun der Verlängerung an d'Motiver woufir.

D'Kommissioun huet nach e puer textuell Ännerunge vum Artikel 2bis virgeholl, ënner anere op Urode vum Statsrot a vun der Handelskummer.

D'Décisioun iwwert den Agrément muss esou séier wéi méiglech matgedeelt ginn. A wann d'Antwort net am Délai ukënn, dann ass den Agrément supposéiert accordéiert ze sinn.

Dann zum zweete Volet vum Gesetzesprojet, de Regierungsamendementer, déi d'Ëmsetzung vum Gesetz vum 16. Dezember 2008 iwwert d'Aide à l'enfance et à la famille sollen erméiglechen. Dëst ass bekanntlech e wichtegt Gesetz, dat eng grouss Reform vun der Organisatioun vun den Hëllefsmoosname fir Kanner a Familljen, deenen et net esou guut geet, alaut, op déi vun alle Säiten natierlech ongedëlleg gewaart gëtt.

Dofir gi souwuel d'ASFT-Gesetz wéi d'Gesetz vum 16. Dezember 2008 vun der Aide à l'en-